

eis sprooch

erausgi vun der Actioun Lëtzebuergesch

WAT DRAN AS:

NEI FOLLEG
XXVII. JOR/1990

Nr. 29

Robert L. Philippart: «Madame mir hun Iech gär»	49	Pierre Posing: *De Boss *D'Léisung *Verlueren Zäit	70
hr: E Monument fir d'Groussherzogin Charlotte	53	Al. Steinmetz: Eng Fréijoërgeschicht vum Techternacher Séi	71
Jeanine Theis-Kauth: Vill Neies kënt vu Roum	61	...: Rapport vun der Generalversammlung vun der Actioun Lëtzebuergesch vum 10. Mäerz 1990	74
Raymond Schaack: *Stierwen *Wierder *Hoffnung	62	Emely Arnoldy: Deemools... an haut?	78
Roger Lugen: Wann et mir no ging...	63	An esou soll et sin...	79
E. Kolber: De klenge Jong erënnert sech un de Pelzhändler	63	Eis Neijooschkaarte fir 1990/91 Gléckwonschkaarten	80
Jhang Jonas: *Tuten...! *Dräi Kazen	64	hr: Notizen	82
Tom Thies: Eis Revanche	65	hr: Theaternotizen	87
Vic. Robert: Schnoke vu Schëffleng an Ëmgéigend	69	Robert Siuda: Klenggeketen	92
		hr / R.L. Philippart: Theatersaison 1989/90	93



eis sprooch N° 29

Déi schéi faarweg Foto op deer 2. Deckelsäit
as vum Änder HATZ

ERRATA:

S. 79 1. Kol. 15. Zeil soll sin:

an d'Micky Erpelding, d'Emmely, dem MICHEL séng Fra
amplaz d'Madame Meyer (déi Roll gët elo vum Emilie Foubert
geschwat).

S. 85 1. Kol. 2. Zeil: Wa amplaz War

S. 86 2. Kol. 4. Ofschn. 3. Zeil: eng Konferenz vum Christian
CALMES amplaz Chrétien Clement

Robert L. Philippart

«Madame mir hun Iech gär»

Mat dëse Wierder huet de Staatsminister Pierre Dupong bei den Onofhängegkeetsfeieren 1939 séng Festried fir d'Grande-Duchesse Charlotte ofgeschloss. 51 Joër dono as dee Saz ëmmer nach aktuell. Den 29. Abrëll 1990 hun d'Lëtzebuerger der Grande-Duchesse Charlotte um Schoulbierg an der Stad e Monument opgeriicht. Et as eng Aarbecht vum Paräisser Artist Jean CARDOT, e Mëmber vum Institut de France, deen am Abrëll 1988 den éischte Präis vum Concours fir e Monument fir d'Grande-Duchesse Charlotte kritt hat. Déi bronze Statue as 2,75m héich a weit 1200 kg. Si gouf an den Ateliere vun der Géisserei Coubertin zu Saint Rémy-les-Chevreuse, ca 50 km vu Paräis réaliséiert. Et as fir d'éischt, datt e Lëtzebuerger Herrscher e Monument opgeriicht kritt. De Kinnek-Groussherzog Wëllem II. an d'Prinzessin Amalia, zwéin hollännesch Herrscher, si quasi déi eenzeg, déi op déi Manéier vum Lëtzebuerger Vollek géieert goufen.

Am Joër vun der Dynastie (100 Joër Lëtzebuerger Herrscherhaus), 45 Joër zënter d'Grande-Duchesse Charlotte aus dem Exil nees ërem komm as a genee 5 Joër no hirem Doud as si bei all Lëtzebuerger ëmmer nach nët vergiess.

Hiren Engagement fir eist Land, hir Diplomatie, an hiirt sech mat de Lëtzebuerger identifzieren sin déi dräi Konstanten, déi hir Herrscherzäit charakteriséieren. Am Krich huet si hire Landsleit Mutt gemat, fir d'Hoffnung op d'Befreiung an d'Onofhängegkeet nët opzegin; nom Krich huet si Lëtzebuerg bei den Herrscher a Staatsmänner vu Länner, déi frëndschaflech Relatiounen mat eisem Land haten, vertrauden. Esou



*Collection Edouard Kutter,
Photothèque de la Ville de Luxembourg*

huet si gehollef, fir Lëtzebuerg zu engem räiche Stat ze man.

Hir Perséinlechkeet an hiren Asaz fir onst Land woren esou staark, datt si fir d'Lëtzebuerger praktesch zum Symbol vu Fräiheet, Onofhängegkeet a Wuelstand gin as. Biographen esou wuel wéi Historiker kënnen nëmme Positives iwwert dës «Grande Dame» verzielen.

Si gouf den 23. Januar 1896 um Kolmer-Bierger Schlass gebuer a si wor dem Ierfgroussherzog Wëllem IV. an der Ierfgroussherzogin Marie-Anne hir zweet Duechter. Si

as am Bierger Schlass opgewuess an d'Erziehung huet si séier eist Land, séng Geschicht a séng Leit kennegeléiert. D'Grande-Duchesse Charlotte gët do-duerch eng regelrecht Nationalherrscherin déi och affektiv mat hirem Land verbonnen ass.

De Wëllem IV. an d'Ierfgroussherzogin Marie-Anne hätte léiwer e Jong gehat, deen hätt kënnen den Nofolger gin. Leider hu si iewer nëmme Medercher kritt. Aus deem Grond huet de Wëllem de IV., deen 1905 nom Doud vu séngem Papp, dem Grand-Duc Adolphe, Groussherzog vu Lëtzebuerg gouf, 1907 den nassauesche Familjepakt esou emännere gelooss, datt och eng Fra konnt op den Troun kommen.

D'Chamber huet dat Gesetz mat grousser Majoritéit gestëmmt, obschongs e Koséng vum Grand-Duc Guillaume IV. gehofft hat, hie kënt den Nofolger gin. Duerch des Emännerung am Familjepakt iwwerhëlt déi eelst Duechter, d'Marie-Adelaïde, nom Wëllem IV. séngem Doud am Joër 1912, d'Kroun vum Land. D'Herrschaft vun der Grande-Duchesse Marie-Adelaïde wor schwéier: si as mat an d'Streidereit téschent Liberalen a Katholike geroden, si gouf och spéider Affer vun de Krichsintrigen (1914-1918). D'Situatioun huet sech deermoossen zougespëtz, datt d'Monarchie zu Lëtzebuerg a Fro gestallt gouf, an d'Grande-Duchesse Marie Adelaïde dankt zu Gonschte vun hirer Schwëster Charlotte 1919 of.

D'Grande-Duchesse Charlotte iwwerhëlt den Troun a mécht e bant hirer Herrschaft zum feste Bestanddeel vu Lëtzebuerg. Beim Réferendum vun 1919 huet d'Grande-Duchesse Charlotte praktesch 80% vun de Stëmme krut. Hirer Schwëster hiirt trauregt Schicksal hat si munches geléiert: si wosst, datt et hir Aufgab wor d'Lëtzebuenger mateneen ze verbannen, sech nët a bannepolitesch Debatten anzeméschen, an de Prinzip vun der konstitutionneller Monarchie an Éieren ze halen.

D'Grande-Duchesse Charlotte wor esou beléift, datt d'Hymn vun der Dynastie, de

Wilhelmus, fir hire Gebuertsdag fir d'éischt opgeféiert gouf, an datt deen Dag (23. Januar) vun Ufank un de Nationalfeierdag wor.

Kuerz dono wéi si d'Kroun vum Groussherzogtum ugeholl hat, huet si sech mam Prënz Felix vu Bourbon-Parma bestued, deen den Titel «Prince de Luxembourg» huet droen dierfen.

Tëschent 1921 a 1929 kruten d'Grande-Duchesse an de Prënz Felix sechs Kanner: de Grand-Duc Jean (1921), d'Prënzessin Elisabeth (1922) d'Prënzessin Marie-Adelaïde (1924), d'Prënzessin Marie-Gabrielle (1925), de Prënz Charel (1927) an d'Prënzessin Alix (1929).

Aus dene verschiddenen ekonomeschen a politesche Krisen, déi Lëtzebuerg an den 20ger an 30ger Joren duerchzestoen hat, hat d'Grande-Duchesse Charlotte sech gehal. Si stong iwwert de politeschen Debatten an huet sech streng un déi Pflichte gehal, déi d'Konstitutioun hir virgeschriwwen huet.

Wéi den Nationalsozialismus an Däitschland ëmmer méi staark gin as, huet si éischt Kontakter mat dem franséische Président Albert Lebrun gehat. 1938 huet si an d'Regierung mat Frankräich e Plang gemat, fir am Krichsfall kënnen ze flüchten. Sou huet d'Lëtzebuenger Herrscherhaus a Regierung géint d'Invasioun vum Land protesteiert, sou huet Lëtzebuerg vis-à-vis vun der ganzer Welt integer dogestan. Nun as déi däitsch Besatzungsmuecht iewer vill méi onerwaart komm, an den Exil, deen den 10. Mee 1940 ugefaang huet, huet misse gréistendeels improviséiert gin. D'Regierung an d'Groussherzoglech Famill geet mat, bis op de Minister Nicolas Margue, dee wéinst Problemer mat séngem Auto nët zur Zäit fortkomm as, an deen dono deportéiert gouf. Den Exil mécht sech an e puer Etappen: Paräis, dono Spuenien, da bei d'Famill (Bourbon-Parma) a Portugal, vun do mam Schëff, dat den U.S.-Präsident F.D. Roosevelt extra gestallt hat, an Amerika. D'Grande-Duchesse fiirt nët mat an Ame-

rika, mä geet op London. Hei gët d'Lëtzebuenger Ambassade zu engem richtege Resistenzzentrum, deen a konstantem Kontakt mat Lëtzebuerg as. Vu London fléit d'Grande-Duchesse op New-York, wou si mam Prënz Felix an hire Kanner zesumme kënnt. D'Lëtzebuenger an Amerika bereden hinnen en apaart häerzlechen Empfank. De President Roosevelt verspricht der Grande-Duchesse séng Hellef fir Lëtzebuerg séng Onofhängegkeet zeréckzeginn. Dorobber hi fänkt d'Grande-Duchesse Charlotte bei den amerikaneschen Instanzen, Medien a Vollek eng Sensibiliséierungskampagn un, dei op dat trauregt Schicksal, dat Lëtzebuerg deemools kannet huet, higewissen huet an een Appel wor fir Lëtzebuerg ze befreien. Vun deem Ament un, wou d'Lodoner BBC och fir Lëtzebuerg eng Emissioun ageféiert huet, huet d'Grande-Duchesse sech an eiser Sprooch un d'Lëtzebuenger Vollek adreséiert. Si huet de Lëtzebuenger Courage gemat, an zu enger nët gewaltsamer Resistenz opgeruff. Dës Message si vu ville Lëtzebuenger gelauschert gin, obschongs d'Besatzungsmuecht verbueden hat fir aner Statiounen ze lauschten wéi hir.

Wéi déi Alliiert Mächten de 6. Juni 1944 an der Normandie gelant sin, konnt d'Libération vu Westeuropa ufänken. Fënneg Deg dono kënnt dem Prënz Jean säi Regiment iwwert den Ärmelkanal a lant zu Bayeux. Den 3. September zeit déi 32. Brigad, zu deer de Prënz Jean gehéiert huet, a Bréissel an. Den 9. an 10. September 1944 gët Lëtzebuerg fräi.

D'Grande-Duchesse bleift iewer nach aus Sécherhetsgrënn zu London. Effektiv, ewell am Dezember fänkt d'Rundstedoffensiv un ënner deer, bis an de Februar 1945 era besonnesch d'Éislek an d'Géigend ronderëm d'Sauer ze leiden hun.

De 14. Abrëll 1945 kënnt d'Grande-Duchesse Charlotte mam Fliger vu London heem. Den Empfank as méi wéi häerzlech, well duerch de ganze Krich wor d'Grande-Duchesse duerch hir Opriff iwwert d'BBC, hir Sensibilisatiouns- oder «Good Will» —



*Collection Edouard Kutter,
Photobèque de la Ville de Luxembourg*

Kampagnen zum Symbol vum fräie Lëtzebuerg a vun der nationaler Resistenz gin. An denen éischte Woche wéi d'Grande-Duchesse erëm wor, huet si d'ganzt Land besicht, fir sech e Bild vum Schued ze man dee Lëtzebuerg duerch de Krich erlidden hat. Iwwerall, wou si hi koum, as si häerzlech emfaange gin, souwuel vun den Autoritéiten wéi och vun de Leit.

Nom Krich setzt Grande-Duchesse sech fir de politeschen, moraleschen a materiellen Opbau vum Land an.

Wei 1952 d'CECA Lëtzebuerg als Hauptstad fir eng Rëtsch vun europäeschen Institutiounen virgesäit, hun d'Grande-Duchesse Charlotte an de Prënz Felix méi staark um politeschen an diplomatesche Liewen deelgeholl.

D'Traitée vu Roum, déi de Marché Commun op d'Bece gesat hun, hu Lëtzebuerg zu strukturellen ekonomeschen a sozialen

Transformatiounen opgefuedert. D'Eisenindustrie moderniséiert sech, d'Agrikultur geet op eng nei Produktiounsweis iwwer, d'Energieproblemer gin nei ugepaakt (Stauséie vun Esch/Sauer, Veianen, Rouspert) d'Eisebunn gët elektrifizéiert, d'Stroossen-netz ausgebaut an d'Musel kanaliséiert.

Bant dese Jore konnten d'Grande-Duchesse an de Prënz Felix offiziell Kontakter mat auslänneschen Herrscher a Staatsmänner hun. Zu Lëtzebuerg hu si de britesche Premier Minister Sir Winston Churchill, d'Kinnigin Juliana an de Prënz Bernard vun Holland, de franséische President René Coty, de belsche Kinnek, de Kinnek an d'Kinnigin vun Thailand an de Kinnek Olav V. vun Norwegen emfaang.

Och hir Staatsvisiten am Ausland stin am Kontext vun der Aussen- an Ekonomescher Politik vun de Regirunge vun deemools. Déi markant Staatsvisite vun der Grande-Duchesse, wor déi, déi si beim Président J.F. Kennedy 1963 gemat huet.

No an no huet si de Prënz Jean an d'Fonktionne vun der Représentatioun a vum Staatschef ageféiert. Émmer méi dacks wor hien an der Öffentlechkeet derbäi, an huet séng Mamm bei de Staatsvisite begleet. 1961 nennt si hie «Représentant général» a confiéiert him émmer méi Fonctionen. Den 12. November 1964 dankt si zu sénge Gonschten of, an de Lëtzebuenger Nationalfeierdag gët op den Namensdag vum Grand-Duc Jean verluegt (23. Juni).

D'Grande-Duchesse Charlotte an de Prënz Felix zéien sech op d'Schlass vu Fëschbech zréck. Hei huet d'Grande-Duchesse Zäit fir hiren Hobby, d'Rousekultur.

An der Öffentlechkeet gesäit een si nët méi vill, ausser bei der Schlussprosessioun a bei der Mass fir d'Groussherzoglech Famill. Eng Ausnam gët et allerdéngs 1970 wéi d'Solidariteitsmonument um Kanounenhiwwel an der Stad ageweit gët. D'Grande-Duchesse, déi souvill fir d'Lëtzebuenger Onofhängegkeet gemat huet, an eng aktiv Politik fir d'national Reconciliatioun ge-

driwwen huet, wor e regelrechte Pilier vun der nationaler Solidariteit gin.

Hir Verdéngschter sin 1956 vum Poopst Pius XII. duerch d'«gëlle Rous», dem héchsten Uerder, deen de Vatikan engem kathouleschen Herrscher ka gin, an 1969 vun der Lëtzebuenger Regierung vun deer si d' Croix de l'Ordre de la Résistance Nationale kritt huet, unerkannt gin.

1969 wor de Prënz Felix gestuerwen, an d'Grande-Duchesse Charlotte leeft vun do un eleng am Fëschbecher Schlass. Am Mee 1985, nëmmen e puer Woche virun hirem Doud emfänkt si, am Stater Palais, de Poopst Jean-Paul II, deen deemools zu Lëtzebuerg wor. Hirem Doud, den 9. Juli 1985 kënnt fir jiddferen onerwaart. Dausende vu Lëtzebuenger erweisen hir am Palais an an der Kathedral éng lescht Fier. Rouseblieder als Zeeche vu Sympathie a Verbonnenheet hun d'Lëtzebuenger der Grande-Duchesse op hirem leschte Wee gestreet. 5 Joër dono as si nach émmer nët vergiess. Au Contraire, si gehéiert zu dene populäerste Perséinlechketen aus der Lëtzebuenger Geschicht, well si huet eist Land mat Succès duerch eng schwéier Zäit geféiert, an em international Unerkennung a Wuelstand geséichert. Hiirt Monument um Schoulbiërg, huet sech d'Grande-Duchesse Charlotte wuel verdéngt.

E Monument fir d'Groussherzogin Charlotte

Message vun der Châmberpräsidentin *Erna Hennicot-Schoepges*:

Ëm ee Monument

1815 huet fir Lëtzebuerg, no joërhonnerterlaanger Friemherrschaft, eng Zäit vun nationaler Onofhängegkeet ugefaangen. Bis 1890 as de Grand-Duché ënner dem Zepter vun den hollännesche Kinnike bliwwen. Ee besonnesch gutt Verhältnis hat während där Zäit eist Land zum Stellvertreieder vum Kinnek Wëllem III., dem Prënz Hary a sénger Fra, der Prinzessin Amalia, déi ganz vill fir Lëtzebuerg a séng Leit gemaach hun.

1890, genau vrun 100 Joër, krut Lëtzebuerg du séng egen Dynastie, d'Haus Nassau-Weilburg. De Groussherzog Adolf, de Groussherzog Wëllem, d'Groussherzogin Marie-Adelheid, d'Groussherzogin Charlotte an de Groussherzog Jean sin noënen an denen 100 Joër op den Troun vum Land komm. De Referendum vun 1919, bei deem fir d'éischt all Lëtzebuurger Männer a Fraë wíele konnten, huet zum Ausdrock bruecht, datt déi konstitutionell Monarchie fir eist Land déi bescht Staatsform wir. An dene schwéieren Zäiten, déi eis Geschicht duerno zeechnen, huet d'Groussherzogin Charlotte de Lëtzebuurger Recht gi fir hiirt Vertrauen. Et as hir, déser grousser Damm, désem Symbol vun eiser Identitéit, Fräiheet an Onofhängegkeet, där d'Lëtzebuurger Vollek mat vill Léift an a grousser Spontanitéit op der Place Clairefontaine e Monument gesat huet, dat mir e Sonndeg aweien. Dësen Akt as den Optakt vun de Feierlechkete fir d'honnert Joër vun eiser Dynastie, mä e fällt och zesumme mat engem Datum aus eiser Geschicht, dee vir all Lëtzebuurger eng gross Bedeitung huet. Et sin nämlech 45 Joër, datt d'Grande-Duchesse Charlotte aus dem Exil heemkouw

a mat enger onbeschreiflicher Begeeschtong vun den Lëtzebuurger emfaange gouf.

Am Krich huet d'Stëmm vun der Groussherzogin Charlotte aus der Friemd de Lëtzebuurger ëmmer erëm neie Mutt gemaach. Hiirt Bild huet denen heiheim, denen an de Prisongen, an de Konzentrationslageren, an der Emsiidlung, der Wehrmacht an der Resistenz gesot, datt si nôt eleng wíren. Den Dag nodeem Si heemkouw, huet Si an der Châmber an engem memorablem Opruff un Hiirt Vollek, dem Land neie Mutt an nei Hoffnung gemaach.

D'Groussherzogin Charlotte as an d'Geschicht agaangen, wéi Si nach bei eis war. Vun elo u soll Hiirt Monument eis, an déi, déi no eis kommen, drun erënnere, wat Si fir eist Land a séng Leit bedeit huet. Mir hate Si gär a Si lieft an onsen Häerzer weider.

Méi schéin hätt dee Fréijoorsdag, den 29. Abrëll 1990, nët kënne sin, wéi d'Monument fir déi respektéiert Groussherzogin Charlotte ageweit as gin. D'Sonn huet gebléckt as wéllt se hiirt bronze Monument vergëllen, dat de franséische Skulpteur Jean Cardot geschafen huet. Et wor eng häerzeg Feier, sonndes mueres em haalwer elef, häerzeg well se sou sympathesch wor an ee wiirlech ugesprach huet.

Vill Leit woren dohinner komm, fir domat hire Respekt an hir Léift fir d'Grande-Duchesse Charlotte ze weisen. Dëpëtéiert, Regirong, Staatsrot, Direktore vun de Staatsverwaltungen, Diplomatesche Corps. E.G. Vertrieeder, Buurgemeeschteren aus dem ganze Land, Police a Gendarmerie, patriotesch Verenegongen, och d'Actioun Lëtze-

bueresch, Gewerkschaftsvertrieder stonge ronderëm d'Monument, dat op deer neier Plaz, déi en neien Numm kritt huet. Déi Plaz, déi bis dunn Maximäinerplaz geheescht huet, fréier och de Schoulbieregenannt as gin, wor vun der Gemeng Clairefontaine-Plaz emgedeeft gin, a vum Groussherzog Jean, wéi en déi trikolor Band duerchgeschnidden huet, officialiséiert gin. De Groussherzog Jean an d'Grande-Duchesse Joséphine-Charlotte mat der groussherzoglecher Famill sin em haalwer elef op der Plaz emfaange gin an d'Militärmusick huet de «Wilhelmus» an de Marche «Grande-Duchesse Charlotte» vum Fern Mertens gespilt.

Et wor du um Staatsminister *Jacques Santer*, fir séng Usprooch:

Monseigneur,
 Altesses Royales,
 Excellenzen,
 Dir Dammen an Dir Hären,

Mir hun d'lescht Joër eis 150 Joër Onofhängegkeet gefeiert an haten dobäi Gäscht an Zeien aus all dene Länner, déi dee wichtege Londoner Traité vun 1839 garantéiert hun; aus allen Härelänner huet Dir, Monseigneur, an huet och d'Regierung vun eisem souveräne Stat Gratulatiounen a Gléckwësch kritt. Eist Land as haut, am grouse Concert vun de fräien an demokratesche State vun Europa a vun der Welt e respektéierte Mëmber, deen séng Mataarbecht am Sënn vum Fridde fir d'Mënschheet op alle Gebitter nët op d'licht Schëller hëlt.

Am Streech vun denen nationale Commémoratiounen vun 1989 an 1990 leien nach zwéi wichteg Datummen: de Sëlworjubiläum vun eisem Grand-Duc Jean als Chef vum Land, an de Centenaire vun eiser Dynastie. Sou wéi de Grand-Duché an d'Lëtzebuurger lech, Monseigneur, fir Äre groussen Eieren-Dag gefeiert hun, esou kann een dat nëmme mam Häerz a mat deer voller Sympathie maachen, déi Dir fir Är 25 Joër an héchster Verantwortung verdéngt huet. Dir

sid och de Chef vun deem groussen Haus, dat elo zënter honnert Joër un der Spëtzt vun eiser Hemecht steet, eng Dynastie op déi mir houfreg sin.

1964 huet Dir d'Kroun vum Land vun enger Damm iwweholl, déi et, vun Hire jéngste Joëren un, mat natirlecher Noblesse, grousser Mënschlechkeet a brillanter Intelligenz verstanen huet, hiren Eed als Chef vum Land zu jidder Zäit an och an alle Situatiounen héich ze halen. Monseigneur, Dir, Är Schwësteren an Äre Brudder hat eng gutt an eng dichteg Mamm, a mir Lëtzebuurger ënnerschreiwe mat Begeeschterung, wat um Stack vun deem Monument agemeesselt steet, dat mir haut zesumme feierlech aweien: Mir hun lech gär, Charlotte, Grande-Duchesse vu Lëtzebuerg vun 1919 bis 1964; si war äis als Groussherzogin 45 Joër laang e Virbild gin, si as an dene schwéiersten Zäiten e Symbol vun eiser Hoffnung, Fräiheet an Onofhängegkeet gewiescht. Si huet gehal, wat Si 1919 feierlech versprach huet: ni eng Barrière tëscht Hir an Hire Lëtzebuurger opkommen ze loossen, d'Liewe vun Hirem Vollek ze liewen, a gudder wéi a schwéieren Zäiten. Eis Grande-Duchesse Charlotte huet vru genee 45 Joër, de 14. Abrëll 1945, de Lëtzebuurger e Saz gesot, dee mat Recht a gëllene Buschtawen op dem Stack vum «Monument du Souvenir» steet: «Iwer all ideologesch an aner Differenzen eraus gët et fir äis alleguer een Ideal, dat äis zesummenhält: eis Hemecht.» Eis Grande-Duchesse as deemools aus engem Exil vu 5 Joër erëmkomm, an deem Si mat alle Mëttelen, déi Si hat, bei den Alliierte fir Hiirt Land, fir eis Hemecht agetrueden as; Lëtzebuerg huet 1945 aus villen a schwéiere Wonnen geblutt, ower mir hun alleguer d'Billen nach am Verhalt, wéi eis Grande-Duchesse an Hir Famill uechter d'Land Hirem Trouscht an Hiirt Matgefill droe gaang sin; spëtstens zënter deemools fille mir äis mat eiser Dynastie un der Spëtzt als eng grouss Famill.

Iwwer allen ideologeschen, religiösen a politeschen Differenzen stong eis Grande-Duchesse Charlotte zënter hirem Eed op

d'Constitioun vum Grand-Duché; eis Elteren a Grousseltere konnte sech an alle Situatounen op Si verloossen, ob dat bei de sozialen oder politesche Problemer an den zwanzeger an drësseger Joëre war, oder ob et drëm gaang as, fir eisem souveräne Lëtzebuerg séng nei Fräiheet nom Krich ze garantéieren. Hir Autoritéit as ni, a vun egal wem oder wou a Fro gestalt gin, well si op engem Fellement stong, op deem mir äis alleguer sécher gefillt hun; Si huet op der ganzer Welt vun dene gréissten a wichtegste Staats- a Regéierungs-Chefe Respekt fir Hir Persoun an Hiirt Land fond.

Datt Si, nieft hire grouss Responsabilitéiten och nach eng exemplaresch Fra an eng gutt Mamm fir Hir Kanner war, dat huet Hire Lëtzebuerg riicht an d'Häerz geschwat, well Si fir äis doduerch nach méi no an op all Manéier e Virbild gin as.

Vill Leit, déi haut hei ënnert äis stin, grad ewéi hir Komeroden a Komerodinnen, déi d'Chance nët hate fir heemzekommen, hu mat Léift a Verlaangeren un hir Hemecht geduecht, wéi si an de Kazetter, a Prisongen, an der Deportatioun, an der Resistenz oder am Maquis waren, an den Alliierten Arméien, op de Schluechtfelder, oder an deer verhaasster Zwangsuniform vun den Nazi-Arméie stongen; d'Bild vun eiser Grande-Duchesse Charlotte, ob aus enger Mënz erausgeschnidden oder op engem Geldschäin um Häerz gedroen, war fir déi Lëtzebuerg e Stéck vun hirem Iwerliwen, vun hirem Courage, ower och vun hirer Hoffnung gin; mir wëssen och datt e sëlliche Lëtzebuerg Patriote mam Ruff no hirer Mamm a mat engem «Vive» op eis Groussherzogin dat gréissten Affer fir hir Hemecht gin hun; Si war domadder mam Häerzblutt a mam Leed vun eise Beschten e Stéck Hemecht fir äis alleguer gin, en Element vun deer Identitéit, op déi mir haut mat Recht esou héich halen, well d'Lëtzebuerg fir hir Fräiheet an hiirt Recht bezuelt hun, fir hire Kanner a Kandskanner eng Hemecht ze verierwen, fir déi et derwäert as, ze liwen an ze leiden.

Wéi mir Lëtzebuerg den 9. Juli 1985 gewuer si gin, datt eis Grande-Duchesse Charlotte an d'Éiwegkeet gaang wir, war et äis klor, datt mir e Mënsch op deem leschte Wee géng begleden, an deem mir e Symbol vun deem gesin hun, wat eis Hemecht bedeit. Dir, Monseigneur, an Är Famill, hat eng léif Mamm verluer, mir hu mat lech fir ee vun dene gréisste Lëtzebuerg, fir e Virbild, fir e grouss Mënsch an eiser Geschicht getrauert. Dofir war et nëmmen normal, datt mir äis am Conseil vun der Regéierung direkt eens gi sin, de Souvenir un d'Grande-Duchesse Charlotte och konkret ze veréiwegen. Well mir äis ower bewosst waren, wat d'Grande-Duchesse Charlotte fir all Lëtzebuerg géng bedeiten, hu mir och jidferengem wëllen d'Geleënheet gin, sech mat deem Souvenir, mat deem Monument perséinlech ze identifzéieren; dofir as dëst Monument am déifsten an am beschte Sënn haut e konkrete Merci vun der ganzer Natioun un eng Damm, déi och fir déi Generatiounen no äis e Begrëff soll bleiwen a bleiwe wäerd; e Merci fir eng Souveraine, déi fir äis als Mënsch an als Chef vun eiser Hemecht eng grouss Éireplaz huet a behale soll.

Matzen am Häerz vu Land a Stad, an deem Quartier, wou op e puer honnert Meter Émkrees all wichteg Decisioune fir eist Land geholl gi sin an nach gin, ower och direkt nieft der Kathedral, an deer d'Grande-Duchesse mat äis fir d'Wuel vum Land gebaangt, gebiet a merci gesot huet, steet vun elo un hiirt Bild fir all Zäiten. Et soll äis alleguer drun erënnere, datt et nët esou selbstverständlech as, an enger fräier Hemecht, an engem souveräne Lëtzebuerg doheem ze sin, mä datt dofir Patrioten a grouss Leit ewéi eis Grande-Duchesse dat Allerbescht vu sech selwer gin hun, fir äis dat ze vermaachen; d'Monument Grande-Duchesse Charlotte soll fir äis alleguer eng liweg Geschichts-Lektioun bleiwen; et soll an der Rei vun dene Monumenter stoen, déi am beschte Sënn vum Wuert iwwer Generatiounen eraus «national» sin.



Staatsminister Jacques Santer hält d'Festried; vu lénks no riets: d'Membre vun der Regéierung, d'Vertreieder vun dem Kultus, de Magistrat, d'Membre vun der Regéierungskommissioun an den internationale Jury, d'Direktiere vun de Staatsverwaltungen.

(Foto: Tessy Goedert)

De Grand-Duc Jean, vu lénks no riets: de Minister J. F. Poos, de Minister F. Boden, de Staatsminister J. Santer, d'Madame Chämberpresidentin Erna Hennicot-Schoepges, d'Buergermeeschiesch vun der Stad Lëtzebuerg, d'Madame Lydie Würth-Polfer.

(Foto: Jean Weyrich)



Monseigneur,
 Altesses Royales,
 Excellenzen,
 Dir Dammen an Dir Hären,

Am Numm vun der Regéierung – an ech si
 sécher, am Numm vun alle Lëtzebuenger –
 kann ech Iech soen, datt mir mat Respekt an
 déiwe Gefiller op dat Monument kucken,
 dat Dir, Monseigneur, äis elo gläich ënnert
 dem Fuendel vum Lëtzebuenger Land eraus
 offiziell presentéiert, als Zeeche fir all Idealer,
 déi Är veréiert Mamm fir äis verkierpert
 huet, als Merci vun der Hemecht an de Lët-
 zebuenger, déi hir Grande-Duchesse Char-
 lotte ni vergiesse wëllen.

Dono gouf d'Festkantat «Un d'Grande-
 Duchesse Charlotte», wou den Text vun
 eisem Mëmber *Gil Mandy*, ënner der Direk-
 tioun vum Komponist a fréieren Dirigent
 vun der Militärmusek *Pitt Nimax* vum Lët-
 zebuenger Männerkouer 1989 virgedroen.
 Dee Kouer wor vun der UGDA (Union
 Grand-Duc Adolphe) fir d'150 Jorfeier
 geschafte gin (75 Mann, Solist Marc Goedert
 vu Bartréng, Mëmber vun der Lyra vun
 Ettelbréck, begleet vun 12 Musécker vum
 RTL-Orchester an dem Conservatoire vun
 der Stad Lëtzebuerg.)

Den Text vun der Kantat

*An haande, schwéieren Zäiten, do koum Si op
 den Troun,
 a vill ze schwéier schéngt Hir ze sin déi
 Kinnekskroun.
 Fir d'Wuel vun eisem Vollek, fir eise
 Fortbestand
 huet Si se missten droen. Si wor nach bal e
 Kand.
 E Pränz wor hir eng Hëllef: Op eisem eegne
 Grund
 koum nees e Stack un d'Bléien, dee ferm as a
 gesond.
 Mir haten «néngandrësseg», Begeeschtroug
 uechtert d'Land:*

*Si, d'Groussherzogin Charlotte, Si wor fir äis
 Garant
 fir Wuelstand a fir Fridden, fir Fräiheet a fir
 Recht.*

*Mir woren ni sou eneg. – Mä duerno goung et
 schlecht.*

*Et koume batter Zäiten. Eis Hemechtsléift an
 d'Trei,*

déi mussten ueweg bludden a wëller Barbarei.

*Mä an der déifster Däischtert huet äis e Stär
 geliicht,*

*mat hirer Stëmm vu London, do gouf et eis
 méi liicht,*

well Si, eis Groussherzogin, huet äis

d'Gewëssheet gin,

*datt mir keng Sklave wiren, an ni dër wäerte
 sin.*

*Déi Däischtert as vergaangen. Hell blénkt nees
 d'Fräiheetssonn.*

*«Vive d'Groussherzogin Charlotte!» koum
 d'Freed aus jidfer Monn.*

*Mat Léift an Iwwerzegong, stoung d'Vollek
 fest wéi ni,*

ëm Si an Hir Familjen, eis egen Dynastie.

*Dir huet äis misst verloossen, fir ëmmer, léif
 Madame.*

*Et huet äis wéi gedoen, Dir woort äis wéi eng
 Mamm.*

*Haut steet Äert Bild am Zenter, am Häerz vu
 Land a Stad;*

*en Zeechen datt Äert Vollek Iech ëmmer gären
 hat.*

*Loosst äis nach eemol soen, Iech, eisem schéine
 Stär,*

*wat mir nach ëmmer fillen: «Madame, mir
 hun Iech gär!»*

De Voile vum Monument huet du de
 Groussherzog Jean, assistéiert vun der
 Chämberpräsidentin Erna Hennicot-
 Schoepges an der Buergermeeschtesch vun
 der Stad Lëtzebuerg Lydie Würth-Polfer,
 ewechgeholl, an iwwerdeems huet een
 d'Usprooch vun der verstuerwener Grouss-
 herzogin Charlotte vum 5. September 1940
 héieren, Usprooch, déi si deemools zu Lon-

don am Radio BBC gehalen huet, fir denen, déi doheem ënner den Nazien ze leiden haten, Mutt ze maachen an ze weisen, datt si nët liichtschaz fortgaange wir:

«Ici Londres...»

«Léif Lëtzebuenger!

Dëst soll keng politesch Usprooch sin, nëmmen e Grouss un iech all doheem, déi dir ënnert friemer Herrschaft lieve musst, e Grouss aus déifstem Häerz, deen ech glécklech an dankbar sin, endlech un iech riichten ze kënnen. Dir wësst, wéi gär ech bei iech bliwwen wär, fir mat iech d'Suergen an d'Leed ze delen, déi di Däitsch den 10. Mä iwwert onst klengt a glécklecht Land bruecht hun.

D'Wuel an d'Zukunft vum Land hun et anescht gewollt; et as no laanger Iwwerleung, datt mir ons zu deem Schrëtt entschloss hun, vun iech fortzegoen. Et wor e schwéieren, mee en noutwendege Schrëtt an trotzdeem, ech weess, datt méi wi ee Lëtzebuenger nët domat averstane wor; an trotzdeem onse Feind méng Ofwieseneheet vun doheem op all Aart a Weis ausnotzt, wor dee Schrëtt nët emsoss. En huet mir an der Regierung erlaabt, an aller Fräiheet, virun der ganzer Welt bei alle fräien Natiounen fir d'Rechter an d'Intresse vun onsem Land anzutrieden.

«Zënter véier Méint si mir un der Aarbecht, an haut kennt d'ganzt Welt dat Onrecht, dat onst Land vun den Däitschen erlidden huet, an d'Willkür, deer d'Lëtzebuenger Vollek ausgesat as. Haut den Owend erfueren iewer och, duerch mäi Mond, Honnerttausenden, datt den Drock an deen Zwank, deem dat klengt Vollek ausgesat as, säi Mutt a säi Vertrauen nët brieche konnten. Ech weess an ech spiren et: Dir stitt all wéi ee Mann an aler Trei zum Troun an zur Hemecht. Méi wéi jee wëlle mir bleiwe wat mir woren: e fräit, onofhängegt Lëtzebuerg. Géint dee Wëlle kennt keng Gewalt op; aus dem Häerz ka keen ons d'Hemecht stiel. All déi Ängscht an dat Leed, vun deem jidder Eenzelne vun iech erfëllt as, et as och méng Ängscht an och

mäi Leed, är Nout as och méng Nout, a mäi gréisst Leed zënter dem Ongléck vum 10. Mä as, datt ech nët méi Tréinen dréchné konnt, an datt ech a méng Regierung, denen, déi de Krich aus dem Land verdrifwen huet, nët méi hëllef konnt. All Dag riichten ech, an och méng Kanner, dat Gebiet un den Herrgott, dat mir sou oft zesammen a fredegen Deg gesongen: Looss viru blénken d'Fräiheetssonn, déi mir esou laang gesin. An da kennt e grousst Vertrauen iwwer mech, Vertrauen op Gott an op onst helegt Recht. Hieft Vertraue mat mir, mir hu mächtig Frënn, op dëser Säit vum Mier an op deer Säit. Ons gutt Saach läit an den Hänn vun denen, déi fir d'Recht an d'Fräiheet vun de klenge Völker kämpfen. Een Dag schenke si ons d'Heemecht erëm.

Méng léif Lëtzebuenger!

Bis dohi stin ons all nach schwéier Stonne vir, eech doheem an ons an der Friemt. D'Léift zur Hemecht an de Glaf un d'Land mussen ons doriwwer ewechhëlfen. Stitt zesammen an drot de Kapp an d'Häerz héich. E Land wéi onst, dat nach ni engem eppes zu Leed gedoen huet, dat glécklechst Land op der Welt, dat kann an duerf nët ënnergoen.»

D'Militärmusek spillt d'Sonnerie Nationale an du ruffen d'Vertrieder vun denen dräi Kulden de Sege vun Deem do uewen op d'Monument an d'Land.

De Groussrabbiner Emmanuel Bulz liest dëse Psalm:

*Au maître-chantre. Psaume de David.
(Hébr.21)*

*«Seigneur, le toi se réjouit de ta puissance,
et combien ton secours lui cause d'allégresse!*

Tu lui as accordé les désirs de son coeur,

et tu n'as pas rejeté la prière de ses lèvres.

Tu l'as prévenu de bénédictions bienfaitantes,

tu as mis sur sa tête une couronne d'or fin.

Il t'a demandé la vie, tu la lui as donnée,

une vie dont les jours seront éternels;

grâce à ta protection, sa gloire est immense

*sur lui tu fais reposer l'éclat de la majesté
Car tu en as fait l'objet de bénédictions
éternelles,
tu es pour lui source de joie par ta présence.
Oui, le roi met sa confiance dans le Seigneur,
et grâce à la bonté du Très-Haut, il est
inémouvable.
Lève-toi, Seigneur, dans ta force!
Nous chanterons et nous célébrerons ta
puissance.»*

De Pfarrer Gerard Brubacher vun der evangelischer reformierter Kiirch:

«Deen éischte Péitrusbréif, dee ganz bei der paulinescher Theologie steet, gët grad ewéi de Paulus Direktiven un d'Ukrëschte virun. Sou d'Versen 13 bis 17 am zwete Kapitel vum éischte Péitrusbréif. Péitrus, Apostel Jesu Christi, faasst am leschte Vers den Ofschnitt mat de Wieder zesummen:

Sou maacht, wat Gott wëllt. Bréngt jidderengem dee Respekt entgéint, deen hien erwaarden däerf. Sid mat äre Matmënschen a Léift verbonnen. Fäert Gott, éiert de Chef vun ärem Stat.

Dat dréckt dat positiivt Verhältnis vis-à-vis vun der Autoritéit aus, wéi mir Lëtzebuenger et géinteniwwer vun eisem Herrscherhaus maachen. Well mir eis Groussherzogin Charlotte éieren, a fir d'Erënnerung un si ze behalen, hu mir dëst Monument opgeriicht.»

Den Erzbëschof Jean Hengen:

«Erënnert Iech un déi, déi un der Spëtzt stungen. (13,7)

Esou seet d'Bibel am Hebräerbréif.

Mir erënneren ons haut un ons veréiert Groussherzogin Charlotte. 45 Jor laang stung si mam Pränz Felix un der Spëtzt vun onsem Land. Si huet et gefouert op eng intelligent a verstänneg, eng frëndlech an tolerant, eng diskret an och couragéiert Aart a Weis, an dat besonnesch, an den däischtere Krichsjoren.

Dat Monument hei as den Ausdrock vun onsem oprichtege Merci.

Et as en Zeeche vun onsem déiwe Respekt.

Et as e Symbol vun däer Léift, déi sou hell am Liewe vun der Groussherzogin geliicht huet: d'Léift zur Hemecht zur Fräiheet an zur Muttergottes, der Patrëinesch vu Stad a Land.

Mat däer Léift stung si matten am Vollek, esou wéi dat Monument hei an der Mëtt vun dene Gebaier steet, déi dem Vollek wäertvoll sin: dem Palais, der Châmbre an der Kathedral. Sou weist et hin op déi dräifach Léift vun der Groussherzogin, wéi se och an der leschter Strof vun der Hemecht oplicht:

O Du du uewen...
behitt Du d'Lëtzebuenger Land
a looss viru blénken d'Sonn
vun der Fräiheet a vum Fridden,
vun der Gerechtegheet an der Solidaritéit,
vum Liewen a vum Gléck
fir jidfereen an onser léiwer Hemecht!»

Déi éischt an déi lescht Strof vun der «Hemecht» intonéiert vun der Militärmusik, gesonge vum Männerkouer an de Leit, schléissen d'Feier of.

D'Stater Gemeng huet dono eng Réceptioun op der Gemeng an op dem Knuedler gin.

D'Monument steet elo am Häerz vun der Stad, bei de Regirongsgebaier, no bei der Châmbre an dem Palais, déi d'Groussherzogin nët nëmme mat hirem Geste wëllkëmm heescht, Geste, deen hir ege wor, mä och invitéiert iwver d'Land a séng Onofhängegkeet ze waachen.

Op den Trape vum Monument lougen a Stäreform donkelrout Rousen, der verstuerwener Groussherzogin hir léifst Blumm, déi Rous, déi an den USA am Krich op hiren Numme gedeeft wor gin.

Um Sockel steet: Mir hun Iech gär, Charlotte, Grande-Duchesse vu Lëtzebuerg vun 1919 bis 1964.

An engem schéinen illustréierte Buch «Monument Grande-Duchesse Charlotte», dat fir déi Feier erauskomm as, eng Oplo vu 75.000 Stéck huet, as alles niddergeluegt, wat mam Monument a mat der Grande-Duchesse an hirer Famill ze din huet, sou de Programm vun der Feierlechkeet, de Message vun der Grande-Duchesse Charlotte vu London aus, Datummen aus hirem Liewen, den Text vun der Festkantat vum Gil Mandy, en Auszuch aus der Kompositioun vun der Kantat vum Pitt Nimax... Wéi d'Monument fir d'Groussherzogin Charlotte entstanen as erzielen de Lex Roth an de Gast Gengler; iwver d'Fondatioun de Coubertin, Fonderic d'art referéiert de Jean Dubos, de Skulpteur Jean Cardot gët virgestallt.


E geschichtlechen Iwwerbléck iwver «La place de Clairefontaine et son passé historique» mécht de Michel Schmit, kompletéiert vum Fernand Pesch mat dem Artikel «L'ilot Clairefontaine».

E sëllege Fotoen aus dem Liewe vun der Groussherzogin Charlotte an hirer Famill, bei de Grousselteren ugefaange bis zu hirem Doud, de Käppercher (Timbren) mat dem Bild vun der Groussherzogin Charlotte vum Marcel Wietor, och déi Geldschäiner a Mënzen, dann d'Bibliographie vun enger grousser Damm vum Emile Thoma schléissen dat schéint Buch of, dat doudsécher vill Leit Freed gemaacht huet.

Ernimme mer nach, dass dat Buch vun der Oeuvre Grande-Duchesse Charlotte offréiert gouf, editéiert vun der Regirongskommissioun fir d'Monument, vum Martin Gerges koordinéiert, an der Imprimerie Centrale gedréckt gouf.

hr

P.S. Haut as d'Plaz zimlech eidel a plakeg, vläicht kommen och emol nach eng Kéier Blummen derbäi, där, déi si am Liewen esou gär hat.



(Foto: Änder Hatz)

Vill Neies kënnt vu Roum

*(Mueres Bräi, Bounen derbäi. Mëttes Zopp,
Bounen drop. Owes Brach, Bounen nach. Deen
ale Sprooch weist äis, wat a freieren Zäiten esou
bei äis op den Dësch koum. An enger Uert-
schaaft ware Bouneflueden d'Spezialitéit – an
domat war et wéi mat allem, dat et gët: Et muss
een op d'Iddi kommen.)*

Deemools war et vill méi wäit
(ech schwätze vun deer aler Zäit)
vun hei bis Moskau oder Roum.
't war rar, datt een dohinner koum.

An engem Duerf, om Land anzou,
do hat e Mann sech virgeholl,
e géif nët éischer Rascht nach Rou,
dies hie Sankt Péiter hätt gesinn
an do dem Poopst en Affer gin.

Nu kuck, wien hätt sech dat geduecht,
de Mann, deen huet et fäerdeg bruecht,
mat villem Knécke, Geire, Spucen,
datt hie mam Zuch op Roum konnt fueren.

*

Hie gung an d'Mass an huet gebiet
zou allen Helgen, méi wéi honnert,
huet vill gekuckt a vill bewonnert,
a mëttes huet hien dacks am Schiet
op enger Terrass frou gesiess,
e Patt geholl an eppes giess.

Eng frëschgebake wierzeg Taart
mat Tomaten a scharfem Kéis,
déi huet him eschlech gutt geschmaacht. —
Hie freet nët deemno vill no séiss.

*

Doheem huet hie verzielt, verzielt...
Séng Fra huet d'Grompere geschielt
an iwrem Schielen nogeduecht.
Wéi si de Knäip op d'Säit geluegt,
do hat si schonn eng nei Recett
an hirem helle Käppche prett.
Si hält nët vill op friemt Geméis,
op Tomaten a scharfem Kéis.
't gët een och ouni alles dat
wéi Papp a Mamm an Éire sat.

Mat Är a Miel a Schmant a Bounen
baakt d'Fra dem Gladderer e Flued;
an ounst säi Mo eng Grätz ze schounen
ësst hien e ronderem de Rued.
Duerno rífft hie gutt opgeluet:
«Dat gët keen Hickert a kee Soud,
da's besser wéi Gebeess mat Brout!»

*

Am Duerf gin d'Bountaarte Moud,
well d'Fra huet d'Iddi weider gin. —
't muss jo nët ëmmer Pizza sin.

Jeanine Theis-Kauth

Stierwen

E scheie Frënd
deen onerkannt laang nieft dir goung
hëlt dech lues mat der Hand
a féiert dech bis bei dat Land
wou s du am Schlof oft waars

Et läit do donkel a verdreemt

Ma du fäerts d'Bréimen
déi de Wee verspären
Der Dëschtel all hir Picken
déi d'Kleder
wéi e Spaweck dir zerräissen

Du baangs datt d'Sonn
déi s du an déngen Dreem
hell iwwrem Land gesouchs
de Wee bei dech nët fënt
durch d'Nuecht

Wo dach e Schréck
a kuck nët zréck
well schon zerfällt
zu Näischt déng Welt

Raymond Schaack

Wierder

Verloosse
Fätzen
opgehaangen
op de Rëss
vu ménge Lëpsen
vermuuschte lues
gin zatz zerrass
am raue Wand
vun uergen Zongen

Raymond Schaack

Hoffnung

Wantergréng
Et
kla
mert
sech
un d'
Sec
ler
vun
dem
Reen
a schléit séng Wuerzelen
an d'Vullentrapen
déi op dem Betong
vun de Groustied stin

Raymond Schaack

Roger Lugen

Wann et mir no ging...

«Wann s de mir follegs», sot mäi Papp, «da keefs de dee Köpp Land do ennen am Duerf, dat gët e gudd e Gaart».

Ech hun dat gemaach, an elo wärd ech dann all fräi Stonn an deem Gaart do misse schaffen!

«Wann et mir no ging», sot méng Fra, «da géife mer am Gaart e Grill opriichten. Do hu mer jo eng giedeleg Plaz, fir am schéine Wieder ze grillen.»

Ech hun dës Deg e flotte Grill mat engem Schminni an allem Drëm an Dru kaaft; 't gesäit nawell nët schlecht aus. Ech weess nach nët wéini, datt ech e kann opriichten.

D'lescht Woch kouw eisen Eelste bei mech an huet gefrot: «Kënnte mer nët e klengt Gaardenhaischen do bauen? Dann hätte mer eist Geschir all beieenen, a mir kënnten de Grill drastellen.»

Ech hun e bekuekt an näischt gesot, ma méng Fra wor hell begeeschtert.

Eist Klengt hat dat matkritt an huet geruff: «An da kréie mer och e Weier mat Fësch dran. Dem Colette säi Papp huet him esou een am Gaart gebaut.»

«Wann een de Kanner de Wellen deet, da kräischen se nët», huet méng Fra vun hannenerfort geruff, wéi ech näischt gesot hun.

An haut de Muergen, wéi mer Kaffi gedronk hun, du as mer ganz léif bäibruecht gin, datt mer nach e Puppelchen erwaarden...

Dir kënnt mer es fräi glewen: wann et mir no ging — da bléif alles beim alen.

E. Kolber

De klenge Jong erënnert sech un de Pelzhändler

Laang virum zwete Weltkrich kouw e polnesche Kanéngercherspelzhändler, wéi dat sech fir e «fuere» Mann gehéiert huet, deen an enger Virstad gewunnt huet. Wann hien zu Mëlleref bei dat éischt Haus kouw, huet hie gejaut mat enger Tenorstëmm: Pelzä, Pelzä, Pelzä, a schons koumen aus den Haiser, fir d'éischt d'Bouwen, dann d'Medercher, déi nach nët an d'Schoul hu missen, gelaf — Kanner si jo virwëtzeg ewéi al Fraen. Da koumen d'Mammen an d'Pappe mat hire Kanéngercherspelzer, déi mat Stréi opgestoppt waren, an hu mat dem Här «Pelzä» ugefaang ze handelen. Mol huet den Här Pelzä Geld gin, aner Kéieren as et zweetklass Parzeläi vu Villeroy et Boch gin. D'Kanner si mat him duurch d'ganz Gemeng marschéiert, fir nëmmen näischt ze verpassen. Déi Zäit wollt munneche Bouf, wann hie gefrot gouf, wat gës du dann emol, wann s de grouss bas, geäntwert: Pelzhändler, mat Stolz an der geschwollener Broscht. Wann si, d'Bouwen, dann an d'Schoul gaang sin, as kee vun hinnen dono Pelzhändler gin. Nach haut deet et mir leed, datt de Pelzhändler nët méi kënnt, an ech déi Stëmm, déi Tenorsstëmm nët méi héiere ruffen: PELZÄ, PELZÄ, PELZÄ.

Jhang Jonas

Tuten...!

Keeft een eppes, verpake si et engem meeschtens an eng Tut. Mat esou enger Tut koum ech och du heem. Um Dësch stonge schon e puer Tuten. Méng Fra sot du: Setz déi Tut do alt niewent déi aner Tuten, et weess ee geschwënn nët méi wouhi mat all deem Getuuts.

Ee Moment Madame! Du wëlls soe mat all denen Tuten. Ewell Tute sin nach laang kee Getuuts. Méng Fra gläich drop: Hal keng Abberzuel. Tute sin Tuten! Dat sees Du, äntwären ech erëm. Dat hei as eng Tut an ower keng Tut. Mat den Hänn an der Säit gestäipt méng Fra dann du: Ech sin dach nët blann! Dat hei as eng Plastikstut!

Ajo. Dat as eng Plastikstut. Du hues Recht. Dat wëllt ower nët soen, datt eng Tut eng Tut as. Du hues Tute mat dene kanns du tuten. A méngem Auto do hun ech eng Tut. Dat as keng vun dësen Tuten. Ewell mat där kann ech tuten, an 't soll ee wëssen ob, ee mat där Tut ëmmer tuten där.

Dofir kann ee betounen, dass et Tute gët wat keng Tute sin: an et ower Tute gët, wat Tute sin. Wien tute wëllt, brauch keng Tut. Eis Polizei huet Tuten, déi nët tuten, ower dee verroden deen tute war.

D'Gänse strecken de Kapp an d'Waasser an d'Tut an d'Luucht. As dat dann elo déng Tut oder méng Tut, vun all denen Tuten a Getuuts?

Méng Fra sot du ganz béis: «Elo gees du ze wäit.» — «Ma ech wollt dir dach nëmme explizéieren, datt Tuten nach laang keng...», méi wäit koum ech nët. Du as der een Donnerwieder lass gaangen. «Dat hei sin Tuten an et bleiwen Tute», rífft méng Fra! «An tut Du mat dénger Tut wou s du tute wëlls. A wann s du gären tute gees, da géi tuten. Haut as bei mir ofgetut... du... alen... Tutert...!»

Dräi Kazen

Et woren dräi Kazen,
zwou schwaarzer eng gro.
Déi lafe verwonnert,
de Schnéiflacke no.

Eng pechschwarz wor d'Oddi,
d'gläich Faarf hat och d'Tinn.
Déi Gro konnt jo nëmme,
dann Titti méi sin.

Den Danz mat de Flacken,
't gouf keng derbäi midd.
Si wollte s'all fänken,
nët eng hu se kritt.

A vill sin der hinnen,
op d'Nues och getrollt.
Dat as eng waarm Plätzchen,
a si gläich geschmolt.

Am Äifer do konnten,
déi dräi nët gesinn.
Wéi d'Wisen an d'Weër,
wäiss zougedeckt gin.

A wir nët de Mann do
deen heem as gefuer,
da wiren déi dräi hei,
ganz sécher erfruer.

Jhang Jonas

Tom Thies

Eis Revanche

(cf. «Eis Sprooch» Nr. 28, Sait 13)

Wéi virdu gesot, et huet bis an den Hierschtmount era gedauert, bis mer äis um Bannpréiter revanchéiere konnten.

De Bannpréiter, Batti, hat um Nopeschduerf gewonnen, a wann en iwwer d'Gewan vun eisem Duerf wollt lafen, as e mat séngem ale rabbelegen, raschtege Velo bis bei de Bësch gefuer komm, huet säi Reesbengel vum Gepäckdréier crafgehol, de Velo an enger Ho verstoppt a séng Ronn iwwer d'Gewan gemat.

Well en ower elo ganz onréigelméisseg op eis Gewan koom, hat et laang gedauert bis mer enges Daags ihust am Bësch woren, wéi de Bannpréiter, déi Zäit e Mann vu bal fofzeg Joër, e bëssche kleng an déck geroden, mat séngem Velo ukoom.

Méi wéi sécher si mär Bouwen an eiser Stopp an enger décker Ho setze bliwen, bis de Batti säi Béngel am Grapp hat an de Velo an enger vun dene sëllechen Hoe loug.

Wéi de Batti do sou wäit ewech wor, datt en eis nët méi héieren a gesi konnt, hu mer säi bescht Stéck aus der Ho gezun a sin zu där anerer Sait vun der Gewan gelaf, well deen Deel nët méi zum Batti séngem «Kinnekraich» gehéiert huet: déi huet zou enger aner Gemeng gehéiert, an do wor de Léon Här a Meeschter.

Mär wore gutt dräi-, véierhonnert Meter op dem Léon, deen de Batti nët riche konnt, sénger Gewan, op deer Plaz, wou déi Zäit nach den décken Äächebam stung, iët mer äis ouni Otem an de Schiet fale gelooss hun, fir äis ze erblosen.

Sécher huet sech eist Gespéich ëm de Velo gedréit. Een nom aner huet Virschléi gemat, déi erëm verwarf si gin — oder och als eng Méiglechkeet an d'Äe gefaasst goufen.

Wéi mer do déck um Téinc woren, stung op eemol de Leo virun äis, huet de Velo mat engem Bléck, als dee vum Batti erkannt a mat fermer Stëmm gefrot: «Wéi kommt där Näischnotzen dann um Batti säi Velo?!» Et as äis soss näischt anescht iwreg bliwen, wéi dem Leo d'Saach vun de Schoulsäck an eiser Revanche ze verzielen. De Leo huet gelaacht, wéi en Efalt a sech d'Hänn geriw: «Jongen, dat do, dat gët eng Freed!», huet en iwwer dem Laache gepapst.

Mär Bouwen hun eis bekuckt — sollt de Leo eng gutt Iddi hun? De Leo hat ëmmer gutt Iddien: «Waart hei, Jongen, bis ech erëm sin, ech muss mäin Handwierksgeschir siche goen», sot de Leo, a fort wor en.

No eppes zéng Minutten wor en erëm do, hat e laangt Seel, Drot an eng Zaang am Grapp. Zwéi vun ons Bouwen hu missen op de Bam, sou héich wéi mer konnten, klammern. Wéi déi do uewe woren, huet de Leo hinnen een Enn vum Seel croggehait, dat anert wor ëm de Veloskader gebonne gin, sou datt een en crogzéie konnt. Wéi de Jhemp an den Nicki de Velo do uewen haten, as de Leo croggeklomm an huet de Velo mat Drot un engem Aascht festgemat.

Wéi mer fäerdeg woren, huet de Leo säi Geschir geholl an as sénger Wee gaang. Mär Bouwen hun äis och, op Emweër an eist d'Duerf gemat, sin awer um Bëschwee bliwen, fir ze kucken an ze lauschteren, wat lass wir, wann de Batti zou Fouss aus dem Bësch gelaf kéim.

Mä Gott a mäin Hari, wat huet dat gedauert. Eréischt wéi mer gemengt haten, de Batti hätt en Emwee gemat, fir sech nët am Duerf ze blaméieren: well nach ni wor en zu Fouss duerch d'Duerf gelaf, koom en ugehéisst, säi



Zeechnung: Roger Woblart

Staf am Grapp, wéi wann en all Moment wëlles hätt dranzeschloen. Wéi e méi no koum, hu mer héieren, datt e vir sech geschwat huet, an, datt e sech mat enger Sauband hat.

Gespaant, wéi al Prabbelien, hu mär dräi Lausbouwen dem Batti entgéint gekuckt. Knaps hat en äis erbléckst as e stoë bliwen an huet äis scharef an d'Ae gekuckt, dann ower de Kapp gerëfelt a viru gang, bäi d'Elis an d'Wiirtschaft.

Do sutz den Entrepreneur Weiler, mat dräi vu sängen Aarbechter, de Schouster-Mates an de Woner-Misch bei hire Glieser voller Bcier, an hu vun deem neien Haus geschwat, dat de Woner-Misch sech wollt baue loos-sen. Se haten de Batti gesin zou Fouss ukommen, a well dat eng Raritéit wor, hu se

gaangs gefrot: «Wou as dann Däi Velo, hues de n e versoff?!»

Dem Batti as de Kamp geschwoll. «En as mer geklaut gin, Du Dabo! — Mengers De et wär eng Freed, bei dësem Wieder zou Fouss dorëmmer ze lafen!» huet de Batti rose gemault, iët e sech zum Elis emgedréit an dat ugebaupst huet: «Hues De näischt méi am Faass — oder kréien ech hei näischt méi ze saufen?!»

D'Elis wor d'Gedold selwer. Gedëlleg, wéi en aalt Zéipäerd, as et opgestanen an huet deem rosenen duuschtregre Batti en Humpe gezaapt, deen dien an engem Zock ausgedronk huet. Bäim zweeten Humpe konnt d'Elis awer säi Virwëtz nët méi am Zam halen an huet de Batti gefrot: «Fir wat sid

Dir dann esou am Äifer, Batti, as eng geschitt um Flouer?»

Dem Batti séng Aen hu geblätzt. «Ma, héiers Du nèt gutt, ech hun dach gesot, esou e Sauhond huet mer mäi Velo geklaut?!»

Alleguer hu se gekuckt. «Wéi, doudsécher! Mår hu gemengt Du géngs de Geck mat eis maachen!!»

«Héier der dat un! De Geck maachen — ech maachen dach de Geck nèt mat méngen ale Been! Jhust haut huet dat misse geschéien, grad haut, wou ech schons sou vreckt sin — an dann och nach déi Hëtzt! Neen, neen, esou eppes lieft nèt méi — an da loosst dir lesele mech och nach alles zweemol soen!» De Batti hat säi Sakdusch aus der Täscher gezun a sech de Schwess aus deem laange Gesiicht geriwwen.


«Vreckt», sot de Schouster-Mates, «vreckt, — vu wat solls Du da vreckt sin?»

«Héier hien», huet de Batti, nèt ouni Houfert geäntwert, «ech wor de muerge schons an alles Härgottsfréi op der Gemeng!»

«A jo, dat as wouer, ech hat ganz vergiess, haut as jo den Éischten, haut woors De Dëng déck Pai sichen. Jo, jo, do kann ee schons vreckt sin, wann een esou e Koup Such heem schlefe muss, fir déi een näischt gelescht huet», huet de Schouschter gekontert.

«Näischt gelescht, näischt gemeet hues! Ech méngen Du bas vum Lämmes gebass, Du Blödian, méngs De ech kënnt dee ganzen Dag um Aasch sätzen, wéi s Du? Deen hei, dee muss sech réiere fir séng puer Frang — deen hei, dee ka kengem e Frang op eng Suel drop schloen, dee muss séng Suen éierlech verdéngen, dass De et wees!» De Batti hat sech richtig a Roserei geriet, huet em sech gekuckt a gewaart, op een em sollt Recht gin. Wéi kee sech gerouert huet, huet en d'Elis erëm ugerantz: «Gëf nach een heihin, ech muss jo dach ze Fouss heem goën!»

«Dat wår ower déi éischte Kéier», huet sech de Weiler-Pol an d'Debatt geworf, «dass Du ze Fouss géngs heem goen, soss säifs De



Zeechnung: Roger Woblfart

dach ëmmer, bis de ënnert dem Dësch läis ze schlofen!»

(Dat wor ower elo gelun, well de Batti konnt saufen, wéi eng Kou em Gchaansdag, a mat séngem Velo wor en och nach ëmmer bis aus dem Duerf eraus, an déi riets Kéier beim Knuppebauer séng Perch komm, iët en ëmgefall as.)

«Du hues et grad néideg! Jo, grad Du, dee schons e puer Verméige versoff huet — hues De iwverhaapt Dëngen Aarbechter hir Pai vum leschte Mount schons ausbezelt?!», huet de Batti dem Pol zougebirelt, an iwverdeems wou e sech no den Aarbechter ëmgedrëit huet, huet en déi gefrot: «Huet en äerch schons bezelt, Jongen?!»

«So, Frëndchen, elo gees De e bësschen ze wäit, elo hues De geschwënn dem Här an de Frack gegräff!», huet de Pol gemengt.

Dem Pol séng Aarbechter hu gelaacht, awer näischt geäntwert.

«Wann dat esou wir, géng dat Dech éisch-tens näischt ugoen, zwetens wåren se dann nèt schons fënnef an zéng Joër bäi mer, an drëttens, een deen nach ni e Verméigen hat, kann och keent dropgemaach hun — hues Du mech verstan, Du alen Iesel?!» Och de Pol hat sech an dem Äifer geriet.

«Dat gët Dår nach laang nèt dat Recht fir ze soen, ech géif hei saufen bis ech ënnert dem Dësch géng leien ze schlofen. An iwregens

as et liicht vun engem Verméigen ze schwätzen, wann ee schons räich gebuer as. Ech, mäi Jong, hun dat Bësschen, wat ech hun a mer och duer geet, selwer eraarbecht!»

«Gutt datt s d'et selwer sees, e bësschen, well soss géngs De nët schons drësseg Joër mat deem alen, raschtege Plou vu Velo dorëmmer fueren!»

«Hei hien! A séng Fra, déi leeft schon zënter Joëre mat deem selwichte Mantel duerch d'Géigend — an déi Strëmp, déi dat dacks unhuet, et as jo kengem Mënsch ze verzielen!» De Batti huert gemeet, wéi wann e sech schuddere géng, huert ausgedronck an as ze Fouss heemgaang, clo méi rosen iwver de Pol, wéi iwver de geklaute Velo.

Eng Woch duerno as dem Pol séng Fra, vu Kapp bis Fouss nei gekleet, duerch d'Duerf stolzciert, eng nei Permanent ënnert deem neien, bloen Hittchen, an huert der Rei no hir «Frëndinnen» besicht, déi frou woren, wa se nees gaang as.

De Batti ower as Dag fir Dag, wéi e verwalltenen Hunn iwer eis Gewan gelaf an huert no séngem Velo gesicht, dee mär Bouwen him schons laang gär erëm gin hätten, wa mär en nees vum Bam erofkrut hätten: De Mätschball loug elo bäim Leo.

Zwou Woche wore vergaang, wéi de Leo enges Daags bei der Maark tëschent denen zwou Gewane gestan as op de Batti ze waarden.

De Batti hat d'Nues um Buedem, well e war schons erëm rosen iwvert dee wäite Wee, deen en huert mussen ze Fouss goen, a wor schons no bäim Leo, iët en e gesinn huert, op e waarden. Den éischten Abléck wollt e sech ëmdréien a sénger Wee goen — ower — rosen, wéi e wor, as en op de Leo duer, as virun em stoe bliwen, wéi e rosenen Hunn op sénger Mëscht, an huert dem Leo riicht an Gesiicht gekuckt, wéi e gefrot huert: «As eppes!»

«Jo, mä Jong, et as eppes! Wann s Du mengs, Du kënnst Däi Schrott op ménger Gewan deponéieren, da bas De schrei gewéckelt!

Ech soen Der dat hei — entweder Du hëls Däi Schrott — bis mar de muergen — vu ménger Gewan eraf — oder ech haen Dech iwvermuert kuerz a kleng — maul nët, Du weess Bescheid!»

Domat wollt de Leo, dee vill méi kräfteg, flénk a jonk wor, wéi de Batti, sech ëmdréien a sénger Wee gon. Wéi e Blëtz as et duerch de Batti gaang: Mat deem Schrott konnt dach nëmme säi Velo gemengt sin: «Wou läit dee Schrott», huert e gaangs gefrot.

«Läit, läit, hun ech eppes vu leie gesot? — deen hängt! Jo, ganz richteg, deen hängt bei mär un engem Bam — maach, datt en ewech kënn!»

«Wou dann!!»

«Ma un deer décker Ääch, Du Dabo!»

«Däerf ech, ech dann elo bis dohinner kucke goen», huert de Batti mat Tréinen an den Ae gefrot.

«Ech hun Der jo gesot, huert Däi Schrott aus ménger Gewan eraus!»

«Gees De da mat?», frot de Batti, de Leo huert mam Kapp gewénkt, as ausgeschréckt, de Batti hannendrun, wéi e brave Flocki.

Muerges ware mär Bouwe beim Leo op der Gewan gewiescht an haten de Velo esouwäit lass gemat, sou datt e bei engem liichte Rappen croffale konnt.

Wéi de Leo an de Batti dunn do bäim Bam stungen, frot de Batti ganz verwonnert: «A wéi kënnst de Velo dann do op den Bam?»

«Ma, mäi Jong, dat wëll ech Där gär verzielen! Kanns De Dech erënnere, datt s De kurz no de Päischten e puer Jonge gesinn has hir Schoulsäck am Jhängel séng Kellertrap verstoppen a soss näischt ze din has, wéi déi ewech ze huere a bei hir Elteren ze droen. Esou eppes vergiessen och Bouwen nët — eh bien — wat soll ech nach laang schwätzen, dat hei wor hir Revanche, déi Dir iwregens näischt geschuet huert, well Du hues jo op d'manst zéng Kilo ofgeholl, déi Deg, wou s De hues missen zu Fouss iwvert Gewan lafen. An dat soll Dir och, ausser der Léier, d'Saach wäert gewiescht sin!»

Vic. Robert

Schnoke vu Schëffleng an Ëmgéigend

Zu Schëffleng hu virum Krich 14-18 zwéi Bridder gelieft, den Hielen Néckel an den Hielen Emil. Zwéin onduge Gesellen déi allen zwéin an der Galerie geschafft hun. Den Néckel war a sänge jonge Jore mat engem Kolleg an Amerika. Do haten se eemol 30 Deg Prisong kritt, well se e Saloon kurz a kleng geschloen haten. Do sin se erëm heem an d'Ländche kom an erëm gläich an d'Galerie. Den Néckel hat zweemol en Akzident, dass se en am Kierfchen heem gedroen hun. Dann as en erëm zesumme gefléckt gin, mä en huet déi geféierlech Aarbecht ni op gin. Et war mol ee Schotz ze fréi lass gaangen an een A war uerg lädéiert. E gong op Esch bei den Dr. Pir Metzler. Wéi deen e gesinn huet sot en, do as nët vill méi ze maachen, dat mussen mer craus huelen. Do sot den Néckel: dajee hei, rite Stocs. Den Néckel hat sech mat enger Witfra bestuet. D'Märy huet méi Streech kritt ewéi Stécker Brout, an 't huet den Néckel méi wéi cemol virun d'Dir gesat. Wéi en al a kränklech gouf, huet et en awer erëm geholl. Wéi en zum Stierwe kouw huet et de Paschtouer geruff, obschon den Néckel ni eng Kiirch vu banne gesinn hat. Den Här Razen huet em geschwat a wollt en op de Wee an d'Fiewegkeet virbreden. Do sot den Néckel: «Här Paschtouer, Där sid e feine Mann, ech konnt iech nach ewell gutt brauchen, mä gët iech keng Méi, bei mär do heescht et: Wie gelebt, so gestorben».

Säi Brudder, den Emil Ettinger, wéi se mam Familiennumm geheescht, war grad esou e verbructene Mënsch. Et war an der Kiirmeswoch. Schëffleng war un d'Escher Gaswierk ugeschloss gin. Am ganzen Duerf ware Gaslanteren operriicht gin oder un d'Haiser festgemat gin. Wéi den Emil owes aus der Galerie heem kouw, an en huet esou eng

Luucht u sèngem Giewel gesinn, gouf e schwäiwëll. An ween huet mär dee Känki un d'Haus gehaangen, a mat senger Karbidsluucht huet en d'Lanter kuurz a kleng geschloen. De Buergermeeschter Conrad huet sech dra geluegt an den anere Muergen hu se eng nei Lanter opmontéiert. Wéi den Emil owes heemkouw, déi selwecht Roserei. «Ech hun dach gesot u mäin Haus kënnt kee Känki», an huet déi zweet och zerbaatscht. Fir sèng Roserei ewech ze spulle geet e bei d'Christine an d'Groussgaass an d'Wirtschaft. En hat schon e puer Grousser an e puer Humpen ënner Daach, do seet d'Christine: «Hei do kommen zwéi Gendaarmen». «T as wéint ménger», sot der Emil an e leeft op d'hënescht Dir lass. Den éischten deen em ze no kouw, dee stéisst e mam Fouss op de Mo, datt e bis bei d'Entreesdir getrollt as. Ma du gung et lass. Den Emil krut der mam blanke Säitegewier, wou en se néideg hat. Si hun e gebonnen an e mat op Esch geholl. Mëttwochs no der Kiirmes kouw den Emil erëm heem an direkt bei d'Christine: De Buergermeeschter hat zu de Gendaarme gesot, huet mer e fir d'Kiirmes aus dem Verkéier. D'Christine sot: «Emil, a wou konns de esou domm sin, se hätten dech jo kënnen doudschloen». Do sot den Emil: «Christine dat hei war nach näischt, wéi ech op Esch kouw, esou vill wéi der do waren hun u mär tränéiert.» Den Emil huet d'Luuchte misse bezuelen an déi drëtt as hänke bliwen.

Zwéin aner Bridder, de Fouschter Mates an den Heng, waren aus enger Famill vun 18 Kanner. D'Mamm war zweemol bestued, déi zwéi waren déi lescht vun der Hickecht. Si waren an engem Heim opgewuess a koume vun do aus bei de Bauer. Wéi se den Alter haten, sin se an d'Galerie schaffe gaan-

gen, wéi fréier hire Papp. D'Liewen hat se haart gemat. De Mates hat emol den Émlaf un engem Fanger, e konnt bal keng Rique méi upaken. Do sot en, den Owend méchs du mech nët méi rosen. No der Schaff huet en doheem d'Kromm geholl an huet sech d'Spëtz vum Fanger um Holzstack erof gehaen.

De Mates war en Eenzelgänger mat engem verschlossene Charakter. Eemol mueres haten sech un der Galericspaart opgehaangen. Séng Kollegen haten en erof geholl an eng Päerdsdecken iwer e geluegt. Wéi säi Brudder, den Heng, koum frot deen: Wat as hei lass? Mä äre Mates huet sech erhaangen. Den Heng zéit d'Decken ewech a bekuckt de Mates vu Kapp bis Fouss. Dunn deet en dem Mates séng bal nei Schung aus a setzt séng al Schung an d'Plaz, dobäi sot en: «Fir duer wou s du elo gees, sin déi hei och gutt genuch!»

Am Krich huet den Heng zu Rodange an der Galerie geschafft. Do krut en eemol Sträit mat engem Kolleg wéint engem geluedene Buggi; wéi se nët cens si gin, do hëlt den Heng eng Sprank a schléit de Kolleg dermat op de Kapp, datt en den Tommel hat. Wei en nët zou sech koum, do tëlëfonéiert de Steiger op d'Polizei. E preisesche Schupo koum mam Velo gerannt a wollt vum Heng eng Erklärung hun. Den Heng dee kee Preisescht konnt oder wollt, huet nëmme gesot: Et war en Unfall. Dcerbans war de Kolleg erëm zou sech kom, de Preiss huet och aus deem näischt eraus kritt. Do klëmmt en op säi Velo a seet: «Machen se was sie wollen.» Den Heng huet em nach no geruff, wann en déi nët verdreit, da soll en nët an d'Galerie schaffe goen.

De Boss

Wann et mir nogéng,
wir ech de Boss vum Ganzen.
Op der Welt hätt kee méi Péng
et géng och kee méi granzen.
Wann ech de Boss vum Ganze wir,
géng et mir nogon.
D'Frae wire vun haut un
sou gescheit wéi di aner.

Pierre Posing

D'Léisung

Ech hun eng fond.
Endlech
Deen hei huet gësch an der Stad
eng Parkplaz fond.
Dec gët nët méi wech geholl.
Ech loossen de Won clo stoe wou e steet.
Déi hëlt kee mir méi wech.
Ech fuere mam Zuch op an of.

Pierre Posing

Verlueren Zäit

Mir siche no Methoden
fir eis an
d'Welt ze verbesseren.

An déi eenzeg richtig
besteet schon iwer
zwee dausend Joër.

Gottseidank
as et nët
déi liichst.

Pierre Posing

Al. Steinmetz

Eng Fréijoërsgechicht vum Iechternacher Séi

Ech sin dee schmuele Wec duerch «d'Oachtergaarden» op «d'Enebächelchen» lassgetrëppelt. Et war spéit am Nomëtteg, an d'Sonn stong déif am Hank. Eng duuss Fréijoërsléftchen as mir entgéintkom, an et as mir opgefall, wéi si aus de Lämmercher vum Hieselter eng kleng Wollek giele Stëbs gerëselt huet. An de Kréischelhecken, laanscht de Gaardendrot as e Maiskinnek geflun, bal war en hei, bal do, wéi wann e wëllt Stoppes mat mir spillen. Eng Märel huet vum Kiischtebam gefleet. Aus engem Gaart, riets vum Wec, koum mir den Doft vu frëschem Buedem an d'Nues. E Mann war am Gaang den éischte Seemchen an d'Äerd ze leën. En huet de Pullower iwwert de Kapp gestrëppt a geruff: «D'Sonn mengt et scho gutt mat äis,

elo bräichte mer nach e klenge Reenchen...» — «Nujee», sot ech zu him, «de Wanter hat äis jo haart an d'Zaang geholl, ech hu gemengt, alles wir an der Natur bis an d'Häerz erfruer, an d'Bäm, d'Blummen an d'Hoe wiren nët méi ëmstand eppes Liewches ervirzebréngen.»...

An der Wiss laanscht d'Baach hun d'Margréidercher mat hire wäissen Ae geluusst, ech war verwonnert, wéi d'Mécken iwwert d'Waasser gedanzt si, grad wéi am Summer. E Panewippchen as op de Baachsteng getrëppelt, huet de Käppchen an d'Waasser gestreckt, datt d'Drëpsen him wéi Krällen iwwert de Réck gebunzelt sin. Fréijoër! Ech hun e gudde Strapp Loft geholl, et spiirt een



sech méi liicht, an déi vill Joëren, déi engem op de Bockel drécken, si besser z'erdroen.

Wéi ech bei den Iechternacher Séi kom sin, hun ech mech eng Grëtz op eng Bänk gesat a ménge Gedanke fréie Laf gelooss. Weess de nach, d'Fréijoër dohem, op der Mille beim Bësch, wou d'Weidekapp am Saaft stongen a wou mir äis déi éischt Päife geschnidden hun! Weess de nach, wa mer an der Baach bei der Bréck d'Kauzekapp gefaang an dem Schoulmeeschter mat an d'Schoul geholl hun. Deen huet se an e grousst Glas gesat, a mir konnte gesinn, wéi an den nächste Wochen a Méint jong Fräschen entstane sin. Dat war liewegen Unterrécht a vill méi wäert wéi -zeg Verben a Vokablen drummen. Weess de nach, wa mer d'Ouschtre mat eise Klabbren a Jharren d'Klacken ersat hun, an de Klees beim Wäschbuer sech gréng a giel géiegert huet, wa mir viru sénger Kummerfenster gedibbert a geklabbert hun...! En Trapp wëll Inten, déi iwwert mäi Kapp gejhauft sin, hu mech aus méngen Dremerien rausgerass. Et war roueg um Sëi; et war jo scho spët, an déi meescht Leit ware schafen, si haten et nët sou gutt wéi ech... ech war jo pensionéiert. Zwou Dämmercher si mir opgefall; si ware liicht a faarweg gekleet, déi eng hat e Stréihutt op an e donkle Brëll op der Nues. Donnerknippchen, soll déi gemengt hun si kënt schon e Sonnestach kréien... an dat an der éischer Fréijoërs-sonn. Eng Mamm mat hiren zwee Kanner si beim Waasser stoe bliwwen, an d'Kanner hun de Gänse Broutgrimmele virun de Schniewel gehäit. Wéi d'Vigel mat de Flillécke geklappt hun, sot d'Mamm: «Gesitt der Kanner, si soe merci op hir Manéier.» Ech hu gemierkt, datt d'Leit méi schéin a méi frëndlech ware wéi soss, et war jo Fréijoër...

Hannert dem Haische beim Minigolf koumen en Hond op mech lass gerannt an huet wéi klorrosch gebillt. Ech war erfériert. E Borscht huet geruff: «Rick, kusch dech!» E souz op enger Bänk an huet driibseg dra gekuckt. Wéi ech laanscht koum, huet e mat béiden

Hänn séng laang Hoër an d'Akoul geworf... «Wéi... wat Jhemp, wat as lass? I.o laacht den Himmel breet a blo, d'Sonn glënnert op dem Séi an du kucks dran, wéi wann d'Hienger dir d'Brout gestuel hätten. As eppes dir iwwer d'Liewer gelaf?» — De Jhemp hat mech gläich erkannt, viru laange Joëren huet hie bei mir d'Schoulbänk gedréckt. Fir d'éischt war hie bëssche verléen, mä duerno as hie mat der Faarf rausgeréckt: «Jo, 't as mir kräiziwel. Ech hun de Sak op der Aarbecht kritt, a wat nach méi schlëmm as, ech si mat Fra a Kand virun d'Dir gesat gin.» Ech hat keng Zäit fir ze froen, de Jhemp huet mir säin Häerz ausgeschott ouni séng Gefiller ze verstoppen. Sou war hien, riicht eraus, vun der Long op d'Zong. Wéi konnt et anescht sin! «Ech hun d'Plaz verluer, well ech nët mat dem Patron eens gi sin an nët mat ménger Menong han-nerm Bierg gehalen hun; a wéi dunn och nach méng Wunnecht gekënnegt gin as, well d'Haus verkaaft sollt gin, du war d'Bötschel fett. Keen Dach méi iwwerem Kapp... ech géif am léifsten an d'Waasser sprangen... mä méng Fra, mäi Kand an dee klenge Baaschtert hei...» — «Lues, mäi Jong, wou eng Dir zougeet, geet eng aner op, Jhemp.» — «Jo, jo, sou huet dir ëmmer an der Schoul gesot. Nët verzoen! Nët de Kuraasch verléieren! Mä des Kéier sin d'Diren all zou, an ech sëtze mat dem Plonner op der Strooss!» De Jhemp huet sech den Ierger aus den Träipe geschwat, e puer Mol as e wéi e wëlle Mann opgesprongen. Ech hun nogelauschert, an dee klenge Schnauzert, dee mech virun sou rosen ugeranzt huet, huet säi Kapp a mäi Schouss geluegt, wéi wann e wëllt soen: Gelt, 't war nët béis gemengt! «Komm Jhemp!» sot ech, komm mir gin eng kleng Streck spadséieren. Vläch kënns d'op aner Gedanken!»...

An du si mir zwéin (pardon mir dräi) laanscht d'Mille getrëppelt, bei de Waasserturem op de Mélickshaff zou. «Kuck, dee Käschtebam mat sénge wonnerschéine Käerzen!» sot ech. De Jhemp huet de Kapp hänke gelooss. — Op cemel war de Rick ver-



schwonnen. Et sollt ee mengen. Hie war direkt bei en Haus, dat leng do stong, gelaf, an eng eler Fra huet mat him gepotert, wéi wann se déi bescht Frënn wiren.

«Wat en aartlecht Déierchen, et gläicht eisem Bello, wéi eng Drëps Waasser deer aner, nëmmen de Bello hat d'Ouren crof hänken, an diesen huet se poulriicht stoen. Jo, eise Bello, wou soll'n lo dru sin?» An d'Fra huet erzielt, datt si lo leng am Haus wir; hire Jong wir iwwer dee grouse Pull gaangen, an ech weess nët, ob ech en nach eng Kéier rëmgessin. An en huet den Hond matgeholl. Et as nët schéi mudderscïlene-leng ze sin, zemol wann ee wäit a breet keen Noper huet.»

A iwwerem Schwätzen as dem Jhempï e Liicht opgaang: «Ech sichen eng Wunnecht, géift dir äis bei iech ophuelen: méng Fra, mäi Kand, mech an de Rick?» Si si séier eens gin. D'Fra war wéi crléist, an de Jhempï

konnt souguer mol rëm eng Kéier laachen. Ech muss soen, datt de Jhempï no kuerzer Zäit rëm eng Aarbecht fond huet an der Fabrik op «Manertchen».

Zwou Wochen duerno. Ech wollt mol kukken, wéi et dem Jhempï a séngem Stot géif an deer neier Wunnecht gefalen. Séng Fra koum mir entgéint a sot: «Mir si glécklech!» An d'Fra aus dem Haus: «Ech fille mech zwanzeg Joër méi jonk, an de Rick as dee beschte Mupp aus dem Land.» Wat eng Gléckséilegkeet!

Beim Hausgiewel stong e Lannebam, a vun do koum mir e séisselzegen Doft an d'Nueslächer. Wéi ech méi no komm sin, hun ech gesinn, datt d'Dausende vu Beien an de Bléie gesummt hun. An uewen, an der Spëtzt vum Bam hun zwou Märele matence geschniewelt, wéi wann se sech gären hätten... D'Fréijoër gët neie Mutt a bréngt neie Liewen!

Rapport vun der Generalversammlung vun der Actioun Lëtzebuergesch vum 10. Mäerz 1990

Ronn 50 Mëmbler (vun 2.000) waren dee Mëtteg ëm 3 Auer an de grouse Sall vun der «Brasserie des Capucins» komm, fir gewuer ze gin, wat de Comité vun der Actioun Lëtzebuergesch am leschte Jor alles geleescht huet.

A sénger Ufanksried huet de President, den Här *Heng Rinnen*, bedauert, datt dëst Jor weder e Mëmbler vun der Regierung, e Vertrieder vum Kulturministère nach en Dëpëtierten et fir néideg fond huet, fir op eis Generalversammlung ze kommen. (D'Madame Anne Brasseur vun der Stad Lëtzebuerg hat sech entschëllege gelooss.)

De President huet all d'Leit am Sall begréisst an hinne merci gesot fir hir Präsenz. Dann as hien op déi gutt Zesummenaarbecht am Comité ze schwätze komm, an hien huet de Comitésmëmbere alleguer e grouse Merci gesot, fir déi vill a gutt Aarbecht, déi si d'ganzt Jor am Déngscht vun eiser Sprooch gemat hun.

E perséinleche Merci sot den Här Rinnen alle Comitésmëmbere, fir déi vergullte Plaque vum DICKS-RODANGE-LENTZ, déi hien d'lescht Jor, fir séng 75 Jor iwwerrecht krut. «Esou iwwerrompelt ewéi deemools wor ech mäi Liewen nët gin», huet den Här Rinnen gemengt. «...an dobäi wéss ech bis haut nach nët wie vum Comité déi Iddi hat, fir mir dës Auszeechnung zoukommen ze loossen».

En anere perséinleche Merci goug un all déi Frënn a Bekannte, déi hien an der Klinik (zu Nanzeg an hei an der Stad) besicht, him geschriwwen oder tëlëfonéiert haten.

«Wa mer am Gaang si merci ze soen, da soll deen nët iwwergaange gin, deen sech zënter Joren ëm d'Coure këmmert fir Lëtzebuergesch ze léieren, an dat as den Här *Jos Hargarten* vun Esch/Uelzecht. An deem Zesummenhank sollen och déi Leit nët vergiess gin, déi d'Couren halen, a wou vill Idealissem derzou néideg as.

Et bléif dann nach all dene merci ze soen, déi äis Artikle fir eis Zäitschrëft EIS SPROOCH schreiwen. Ech wëll elo hei keen Numm ugin, well ech kënnt ee vergiessen an dat hätt ech nët gär. Hei muss ech awer bedauern, datt mer elo kuurz en treie Mataarbechter vun eiser Zäitschrëft verluer huen. Et as den *Auguste Dietz* vu Schëffléng, deen séng Gedichter mat...tz ënnerschriwwen huet, a vun Ufank u bei der A.L. derbäi wor. (E wor 82 Jor al.)

D'geschriwwen Press huet och e Merci verdéngt, déi all Jor an eiser Generalversammlung as an alt Notiz hält vun eise Publikatiounen. Eise Fotosmann *Jhang Welter* duerf awer op kee Fall vergiess gin.

Mir kënnen och nët, ouni e Wuert ze soen, iwwer d'Onofhängegkeetsfeiere vun 1989 ewech goen. Wann d'A.L. och keng esou schéin an deier Publikatioun mat faarwege Biller asw. erausgin huet, dann hu mer dat alt gemaacht, wat mer konnten a wat méiglech wor. *Wéinst dene Feieren hu mer awer méi publizéiert ewéi an denen anere Joren a mer hu gemengt, dat wir eise Bäidrag zu dene Feieren.* Mir sin awer frou doriwwer, datt bei all dene Feierlechketen eist Lëtzebuergesch eng Plaz kritt huet, déi et bis elo nach nët hat, jiddefalls, wann een un d'Feierlechete vun 1939 denkt. Deemools huet «d'Heimechtssprooch», et kënnt ee soen, de Virgänger vun der Actioun Lëtzebuergesch, mat Begeeschterung gemellt, datt och vun offizieller Säit aus, Lëtzebuergesch geschwat

wir gin. An haut kënnt e soen, et as och franséisch geriet gin. Déi Zäit as wuel eriwwer, wéi de Jacques Kintzelé a séngem Gedicht vun de «Siwe Jofferen am laange Muer» gereimt huet: «wou héie Rang gehalen, do gët se nët geruff». Gemengt as, eist Lëtzebuergesch.

As et nët esou, datt zu deer Entwécklung d'A.L. och e ganz grousst Stéck bäigedroen huet, an et stellt ee mat Freed fest, datt de Prof. *Gilbert Trausch* de Wäert an den Zweck vun der Actioun Lëtzebuergesch a sénge Rieden ënnerstrach huet.

As et néideg, datt een eppes vun deem bossege Lëtzebuergesch seet, dat een ze héiere kritt, an ze dacks héiere muss. Et gouf iwrengs och nach all Jor op dëser Plaz dorop higewisen. Et as dach aremséileg, datt een héiere muss, datt do eng «Baustell» as, an datt do e «Baugerüst» steet, amplaz e «Schantjen» oder eng «Stee». As et nët och schappge, datt eis lëtzebuergesch Uertschaftsnimm esou dacks nëmmen op franséisch genannt gin, et sief an der Zeitung, am Radio, am Gespréich, wéi e.a. Bascharage, Lamadelaide, Bellain, Tarchamps Bigonville... Ech mengen, mer missten op all Uertschaftsschëld dach de Lëtzebuerg Numm setzen, fir datt mer se nët vergiessen. Et freet een sech heiensdo, ob an de Schoule keng Geographie méi gemaacht gët, well an deer Geographie, déi den Emile Erpelding ausgeschafft huet, stin d'Uertschaftsnimm an denen dräi Sproochen. Dernieft stin se och an der Nr. 3 aus eiser Extra-Serie an am neie franséisch-lëtzebuergesch Dictionnaire vum H. Rinnen.

Iwwerhaupt, d'Schoul, do as et wou et ellen happert. An EIS SPROOCH vum 1987/Nr 21, hu mer liese kënnen, datt an enger Emfro, 891 Leit vun 1.000 geäntwert hun, datt d'Lëtzebuergesch an der Schoul zevill vernoléisseg gëif gin. Nun, et sin elo nei Bicher an der Aarbecht, eent fir d'Primärschoul an eent fir d'Kolléischen an d'Lycéën (fir d'7ième). Mä et hänkt nët eleng un de Bicher, déi Stonnen déi fir d'Lëtzebuergesch um Programm stin, déi gin dacks op

der 7ième fir aner Sprooche geholl, wéi en Artikel an EIS SPROOCH Nr 27 et weist. Dat as dach traureg genuch, mä et schéngt äis nach méi néideg, datt op dene méi héie Klassen, 2ième a 1ère, en etlech Stonnen d'Jor missten do si fir d'Lëtzebuergesch, well ech mengen, wat versteet dann e Binnert vun 12, 13 Jor vum Renert? Wat läit deem vill u Litteratur, an, duerf ee froen, wat läit dem Professer drun? — Fent as awer sécher, op engem Computer léiert ee kee Lëtzebuergesch.

Et kënnt een elo och nach all Gelamentéiers opzielen, dat een ze héiere kritt iwwer eis Schreifweis. Fir doriwwer ze diskutieren bräicht een awer laang Zäit. Vun der Actioun Lëtzebuergesch aus gesinn, maache mer wat mer kënnen, fir engem Freed a Spaass mam Lëtzebuergesch ze gin, an dat as och eng Haaptursach vun den Iwwersetzunge vum Tintin an dem Astérix, déi de *Lex Roth* mécht.

Mir hu ronn 2.000 Mëmbere; duerf een sech nët froen, fir wat datt et der nët méi sin. As et nët schappge, datt vun eisen Intellektuellen der esou wéineg derbäi sin? A wann eist Lëtzebuergesch soss nëmmen eng Sprooch fir Dénsgchtmedercher a Kitschner sollt gewiescht sin, wéi een et an den zwanzeger Jore geschriwwen huet, dann as et haut eis Nationalsprooch an dofir verdéngt se och Respekt; Respekt, deen ee sech selwer als Lëtzebuergesch schëlleg as, sot den Här Rinnen.

Aktivitéitsrapport 1989 vum Här *Marcel Lamy*, Sekretär vun der Actioun Lëtzebuergesch.

— De Veräin huet am Ablack ronn 2.000 Mëmbere.

— D'lescht Jor hat de Comité 8 Sëtzungen; am Comité sin: d'Jofferen Tockert an Hermes; d'Häre Rinnen, Siuda, Steffen, Roth, Reckinger, Meder, Thies, Faber, Philippart a Lamy.

Wat gouf geschafft:**— Publikatiounen:**

d'lescht Jor gouf d'A.L. dräi Nummere vun eiser Zäitschrëft EIS SPROOCH eraus (Nr. 25, 26 an 27) (mat op d'manst 48 Säiten) dobäi koumen och nach dräi Nummern aus eiser Extra-Serie, an zwar:

— «Ueter d'Jor...» vum Heng Rinnen (Nr. 2) (an enger 2. kompletierter Oplo)

— «Radios-Spiller» vum Här Jhemp Hoscheit (Nr. 12) (dës Radios-Spiller haten e Präis an eisem Concours kritt)

Dës 5 Publikatioune kruten eis Mëmber all gratis geschéckt (fir hir Cotisatioun vun 250 Frang).

— en drëtt Heft aus eiser Extra-Serie (d'Nr. 11): «Steng fir en Dictionnaire Lëtzebuergesch-Franséisch» vun der Madame Kroemer hu mir *nët* gratis un eis Mëmber verdele kënnen:

1. well *nët* jiddferen eppes mat dësem Heft ufänke kann (et as haaptsächlech geduecht fir Leit, déi an d'Lëtzebuergesch-Coure gin)

2. well et och ze deier gi wir, fir all Mëmber nach esou e Buch am Abonnement derbäi ze gin.

— Circulären:

1. am Februar 1989: d'Invitatioun fir d'Generalversammlung

2. am November 1989: eng Informatioun iwwer eis nei Neijoosch- resp. Gléckwonschkaarten.

— Neijooschkaarten:

Dëst Jor hate mir d'Biller fir eis Kaarten aus dem Buch: «Le Luxembourg dans les gravures du 19e siècle» vum Här François Ewen (ISP); d'Fotoë ware vum Här Jhang Welter. Mir haten 8.000 Kaarten drécke gelooss; an déi sin och gutt verkaaft gin.

1989 hate mir Biller vu: dem Mëllerdall, der Sprangpreßioun, dem Pafendall, der Fiels, op eise Kaarten.

Faarweg Gléckwonschkaarten:

d'Biller waren dëst Jor vum Här *Nico Hienckes*; d'Fotoën hat den Här *Jhang Welter* gemat. Vun dese Kaarten hate mir 2.000 Stéck drécke gelooss, et ware Biller vun: Éinen, énger Musellandschaft.

«Kommt mir léiere Lëtzebuergesch»:

(Eist Buch wat an den Owes-Coure fir Auslänner geholl gët) Dëst Buch hu mir d'lescht Jor iwwer 1.300 Mol verkaaft; zënter dem Hierscht 1989 hu mir dëst Buch och mat enger däitscher-, englescher- a portugisescher provisoerescher Iwwersetzung.

Hierschtfoire 1989:

D'A.L. hat och dëst Jor erëm hire Stand op der Foire, a grad wéi ewell all déi Jore vir-drin, hu sech och déi Kéier erëm ganz vill Leit bei äis iwwer eis Sprooch informéiert. Ungeféier 40 nei Mëmbere konnte mir an de Veräin ophuelen. D'Häre Steffen a Lamy hun dëst Jor d'Permanence um Stand gemat; déi aner Comitésmëmbere hun hinnen dobäi gehollef, esou gutt an esou vill, wéi et méiglech war.

Versëlwert Plaquette vum DICKS-RODANGE-LENTZ:

De 4. Oktober 1989 huet de Comité dem Här *Will Reuland* dës Auszeechnung iwwerrecht, als klenge Merci vun der A.L. fir séng Aarbecht am Déngscht vun eiser Sprooch. Dës kleng Feier war an der «Taverne Wëlle Mann» an der Stad.

Vergullte Plaquette vum DICKS-RODANGE-LENTZ:

Bei Geleënheet vum President séngem 75. Geburtsdag, huet de Comité dem Här Rinnen dës vergullte Plaquette iwwerrecht.

Bréifdréiesch Kalenner 1990:

Eise Comitésmëmber, den Här *René Faber*, huet och dëst Jor erëm eng Hand matugepaakt, fir dese Kalenner auszeschaffen. Leit

aus dem Comité waren och nach derbäi: um 4. Litteratur-Stammet an der Theaterstiffchen zu Esch (17. Abrëll 1989); bei de Schlussfeiere vun de Lëtzebuergesch-Coure fir Auslänner zu Diddeléng (28. Abrëll 1989) an zu Esch (3. Mee 1989).

Dëst waren déi wichtegst Aktivitéite vum Comité am leschte Jor, déi de Sekretär, den Här Marcel Lamy, a séngem Rapport opgeziet huet. Dobäi as hien awer net op jiddfer Klenggekeet agaang. Et géif vill ze laang daueren, fir all Verbesserung, an all Iwwersetzunge vun all Artikel, Annoncen, Menü oder Reklamm opzezielen, huet de Sekretär gemengt.

Zum Schluss huet hien nach all sénge Kollegen aus dem Comité, besonnesch awer dem Här Steffen, merci gesot, fir déi gutt Hëllef an déi gutt Zesummenaarbecht am Sekretariat.

Wat steet um Programm fir dat nächst Jor:

— 3 Nummere vun eiser Zäitschrëft EIS SPROOCH (eng Nr. am Fréijor, eng am Summer an déi drëtt fir Krëschttag)

— 1 oder 2 Nummeren aus eiser Extra-Serie: d'Gesamtwierk vum *Tony Bastian* séngen Aarbechten (am Abrëll hätt hien 100 Jor kritt); d'Gedichter vum *Tit Schroeder* (déi, déi ewell bekannt sin, mä och e ganze Koup Saachen, déi nach net publizéiert sin)

— eng provisoersch Editioun mat Stuele fir Veräinsschreiwereien

— d'Extra-Nr. 3 (mat Stuele fir Annonce, Menüen asw.) gët nogedréckt

— géint Enn vum Jor kënn och eng 1. provisoersch Editioun mat «Virnimm op lëtzebuergesch» eraus

— d'A.L., an Zesummenaarbecht mam Ministère vun der Nationaler-Erzéiung, organisieren och weider d'Lëtzebuergesch-Owescoure fir Auslänner

— d'A.L., an Zesummenaarbecht mat der ASTI, setzen sech an, fir datt déi Auslänner, déi eis Sprooch wëlle léieren, et méi liicht

gemat kréien (d.h. méi Zäit kréien) fir an d'Couren ze goen

— Hierschtfoire 1990: d'A.L. as och dëst Jor erëm mat engem Informatiounsstand op der Hierschtfoire derbäi

— fir d'Hierschtfoire gët d'A.L. erëm eng Serie schwaarz-wäiss Neijooschkaarten an eng Serie faarweg Gléckwonschkaarten eraus

— am Hiersch 1990 iwwerrecht de Comité och nees eng versëlwert Plaquette vum DICKS-RODANGE-LENTZ.

Caisserapport 1989 vum Här *René Faber*, Caissier vun der Actioun Lëtzebuergesch

Aus dem Caissier séngem détailléierte Rapport goufen d'Mëmber gewuer, wat d'A.L. d'lescht Jor an d'Caisse erakrut, a wat se fir all hir Aktivitéiten ausgin huet; sou z.B.:

Cotisatiounen:	485.795 Frang
Zäitschrëften an	
Extra-Nummeren	195.000 Frang
Kaarten	190.000 Frang
«Kommt mir léiere	
Lëtzebuergesch»	750.000 Frang
Bezult goufen z.B.:	
fir Publikatiounen	1.223.455 Frang
Porto	250.000 Frang

(dat eleng as d'Cotisatioun vun 1.000 Memberen).

De Caissier huet nach eng Kéier ënnerstrach, datt all Mëmber vun der A.L., fir méi wéi 500 Frang Publikatioun kritt huet, an aus där Ursach huet hien dann och proposéiert, fir d'Cotisatioun vun 1991 un eropzesetzen.

Am Numm vun de Caisse-Kontrolleren huet den Här Hugues Folscheid dem Caissier séng Aarbecht gelueft, an hien huet der Versammlung virgeschloen, de Caisse-Rapport unzehuelen an dem Här Faber Décharge ze gin, eestëmmeg ugeholl.

D'Joffer Thill an d'Häre Folscheid a Kaell bleiwe Caisse-Kontroller.

Cotisatioun 1991:

D'Generalversammlung as eestëmmeg dermat averstan, fir d'Cotisatioun vun 1991 un op 500 Frang ze hiewen. All Mëmber kritt fir dës Suën dräi Nummere vun der Zäitschrëft EIS SPROOCH a weinstens eng Nummer aus der Extra-Serie. (D'Studente bezuelen elo 300 Frang an d'Gemenge 700 Frang).

Neiwiel fir de Comité:

Op der Austrëttsléscht vum Comité waren dës Kéier d'Hären Heng Rinnen, Robert Siuda, Emile Steffen a Marcel Lamy. Dës véier Leit haten hir Kandidatur erëm gestallt, a well keng aner Kandidaturen do waren, bleift de Comité wéi e war.

Fräi Diskussioun:

An enger intressanter Diskussioun sin nach Problemer, wéi d'Lëtzebuergesch um Radio, d'Lëtzebuergesch an der Kiirch, déi lëtzebuergesch Nimm vun eisen Uertschaften an déi vun Quartieren an der Stad, friem Wieder an eiser Sprooch, däitsch Wieder an den Artikelen an eiser Zäitschrëft EIS SPROOCH asw. zer Rieds komm.

Géint 17.15 Auer huet de President d'Generalversammlung 1989 opgehewen.

D'ACTIOUN LËTZEBUGESCH

as dëst Jor erëm op der Foire.
Komm bis laanscht a kuckt
wat et Neis gët —

Wien do eng Hand mat upake wëllt
as wëllkëmm a soll sech
um Tëlefon 47 06 12 mellen.

Un eis léif Matarbechter!

Hieft Gedold! An *enger* Nummer kënnen
mer nët alles bréngen.

Deemools... an haut?

D'Erënnerong as haut nach frësch,
un dëse Summerdag am Bësch.
D'Erënnerong, di weider lieft,
well si mat goldnem Pënsel fierft!

Mir ware jonk an hate grad,
e Maarkstee fir eist Gléck gesat.
Deemools, 't war uewen op der Heed,
kec Mënsch wi mir, war wäit a breet.
De Wand war hei mucksmaischestëll,
den Nolenteppesch waarm a mëll.
Mir hu wéi laang dorop gesiess,
ech hun an dëngen A'n gelies.
Och ouni Wieder hues du dach,
mir deemools Léift an Trei versprach!

Um Heemwee hues du dech gebéckt,
a mir eng Sträisschen Heed gepléckt.
Ech hun se nach bis haut versuergt,
se dacks gekuckt an da geduecht.
«Dës Sträisschen Heed as och nët méi,
sou frësch wi deemools an der Bléi!»
D'Zäit huet hir Spure hannerlooss,
duerch eise Bësch geet haut eng Strooss.
Si huet en an der Mëtt gedeelt.
't as wi eng Wonn, di nët méi heelt.
Well duerch de Fortschreitt huet d'Natur,
och hei de stëlle Räiz verluer!

Deemools, 't as scho sou laang,
mä d'Jore sin am Nu vergaang.

D'Zäit huet eis Freed a Leed geschéckt,
an hire Stempel opgedréckt.
Eist Gléck huet nach all Prouf bestan,
ech liesen haut an dëngen An,
di Léift vun deemools ëmmer nach,
du has mir nët ze vill versprach.

März 1989, Emely Arnoldy

An esou soll et sin...

Datt mer alt erëm eng Kéier fatzeg Béck geschoss hun an deer leschter Nummer vun Eis Sprooch — an dobäi as d'Juegd nach guer nët op gewiescht — wie kann derfir?

Do as dann emol: de *Michel* (am Artikel fir de Léon Blasen, S.34). Et as wuel richtig, datt et e Michel a Kréimesch Pir séngem Radios-Stammet gët, mä dee Michel, dat as nom Zivilrëgeschter de Pierre Kremer selwer; amplaz Michel sollt do stoen *Meyer*, deen am Zivilrëgeschter mat Léon Blasen steet. Also de *Michel* as de Kréimesch Pir, de *Meyer* dat as de Léon Blasen, d' *Tata Sidonie* as d'Tilly Jung, an d'Micky Erpelding wor d'*Madame Meyer*: Sou, domat wäerd elo sécher alles richtig sin.

Dann huet den ...tz näischt mat Gedicher ze din, den ...tz huet Gedichter geschriwwen (Säit 48).

«Am Spéiden Hierscht» vum Will Reuland sollt et an der 2. Strof, 2. Zeil «Soud» heeschen an nët «Souf». (Säit 26)

«Gepléckt» as och nët «geglannt» wéi et op deer éischer Deckelsäit steet (Mandy).

A wien as op der Foto op deer zweter Deckelsäit? Nun et si Fotoë vun de Feierlechken an der Châmbler. Op deer ieweschter Foto as d'groussherzoglech Famill (vu lénks no riets): d'Ierfgroussherzogin Maria-Teresa, d'Groussherzogin Joséphine-Charlotte, de Groussherzog Jean, den Ierfgroussherzog Henri, de Prënz Guillaume. Ënnen as et dann d'Châmblerpräsidentin Erna Hennicot-Schoepges, déi hir Ried hält, dernieft de Staatsminister Jacques Santer, hannendrun Dépëtéierter an aner Gäscht, déi mer nët alleguer kennen an dofir, fir keen ze verdrëissen, och keen nenne wëllen.

D'Foto vun der Plack Jos. Tockert an der Nationalbibliothék as vum Marcel Strainchamps. (Säit 46).

De René Mertzig (Säit 46) as nët zu Lëtzebuerg gestuerwen, mä zu Meaux; séng Äsche sin éierewou verspreeet gin.

D'Theaterstiffchen as zu Esch-Uelzecht.

Da kéime mer zum «Mundartwettbewerb». — Do soll et esou richtig heeschen:

Et wor den 10. (an nët den 11.) «Mundartwettbewerb» 1988. Organisateuren: Saarländischer Rundfunk/SR 3 Saarlandwelle + Saarbank zesumme mam «Luxemburger Wort», nët d'Saarbrücker Zeitung. Thema: Ech hun dech gär. Resultat: 1. Präisgrupp: Pe'l Schlechter, Lëtzebuerg a Jeanine Theis-Kauth, Rëméléng. 2. Präisgrupp: Serge Koch, Houwald. — Den 10.5.89 huet d'Lux. Wort vu sech aus 3 Präisser vergin un: Fernand Lorang, Rëméléng, Gil Mandy, Bouneweg a Pe'l Schlechter, Lëtzebuerg.

Lux. Wort Jugendpräis: Nathalie Lucci, Monnerech — Mentiounen: Georges Calteux, lechternach, Mike Scholtes, Nærzéng, Jeanine Theis-Kauth, Rëméléng.

11. «Mundartwettbewerb» 1989. — Organisateuren: déi selwecht wéi 1988, dës Kéier zesumme mam Lux. Wort + Saarbrücker Zeitung + Wochenspiegel. Thema: Wann et mir no géng. Resultat: ënner 549 ageschéckt Wierker: Néckel Bach, Tontel; Pe'l Schlechter, Lëtzebuerg; P. Weiler, Ettelbréck.

Deen 12. Kongkur huet als Thema: Keng Zäit.

A well mer am Gaang sin. An de «Kuerblummen um Lamperbiereg gepléckt» (Extra-Serie no 10) sin ze korrigéieren:


Nr 1. Zwee Ieselen, Säit 13, 1. Zeil: En Ieselgong mam Kinnek *Léiw* op d'Juegd.

Nr 8. Scheiwegespréich, Säit 27, 7. Zeil vun ënnen: Wat huet *et* da genotzt, wann ech gutt...


Nr 21. De Scharribarri, Säit 47, 9. Zeil vun ënnen: Fir dat klengt *schwaarzt* Maréi.

Nr 32. D'mëtschgiweg Quisel, Säit 67, (Schluss) lescht Zeil: — eng haart Kuuscht gräzeg Brout. (Reiefolleg)

Sou wäerd da sécher alles stëmmen!



Luxemburg mit Vorstadt Grund.



Eis Neijooschkaarte fir 1990/91:


- Aansebuerg
- Lëtzebuerge mam Gronn
- Esch/Sauer (al Bréck)
- Veianen

(Aus: «Le Luxembourg dans les gravures du 19ième siècle» vum François Ewen. ISP)

Gléckwonschkaarten:


- Aquarelle vun der Mme Nicole May-Simon.

D'Kaarte kënnen eréischt vum Oktober u geliwert gin. Op der Hierscht-Foire sin ze ze kréien.



Die Antenburg.

Esch le Trou, aan de Sure.



Notizen

An der Escher Stadtbibliothéik hun se an der Rubrik «Litteratur» 15.140 däitsch Bicher, 3.300 englescher, 8.156 franséischer, 390 italiéinescher, 360 portugisescher a 7.041 *lëtzebuergescher*. (tageblatt 12.4.90)

Dikrech. D'Kulturkommissioun an de Foto-Ciné-Club hate fir den 11. Mäerz 90 op eng Dia-Multivisioun invitéiert. Mat bal 1.400 Diaën hun Amateurfotografen aus dem ganze Land Lëtzeburger Lidder a Melodien illustréiert fir d'Feiere vun 150 Jor Onofhängegkeet an 150 Jor Photographic.

D'L.P.P.D. (d'Liga vun de politesche Prisonnéierten an den Emgesidelten), gegrënnt de 6.3.1945, hätt gär, datt d'Villa Pauly hinne vermaacht géif, fir d'Archive vun dem Rapatriement an dem Krichsschued enner Daach bréngen ze kënnen. — D'Hollerecher Gare, haten si gemengt ze kréien, mä déi kruten d'Zwangsrekrutéiert fir hir Bürocen an Archiven. (tageblatt 9.4.90).

Präsident vum Conseil national de la Résistance as de Fr. Goerens; Commissaire à la Résistance as den Aloyse Raths; am Mäerz 1990 as eng Fondatioun nationale de la Résistance gegrënnt gin.

D'Liesowender sin nach virugaangen, sou mam Roger Manderscheid a Guy Rewenig de 6.11. an 2.12.89 zu Stengefort (hir 36. Etapp); déi selwecht den 19.2.90 zu Stesel; den 22.3.90 Lex Jacoby an Adrien Ries an dem Bicherbuttek Bourbon, Lëtzebuerg; den 8.3.90 de Fränz Frising an der Theaterstiffchen zu Esch-Uelzecht; 9.3.90 de Lex Jacoby an Adrien Ries zu Walfer; de Fränz Frising de 25.3. zu Wuermeldéng; de 26.3.90 R. Manderscheid a Guy Rewenig an der Hiel zu Esch. — Et wir een emol virwétzeg fir gewuer ze gin wéivill Leit an déi Liesowender kommen. Mir hir hun héieren zu Wolz wiren am Ganzen zwéi Mann do gewiescht?

Huet der an den Zeitungen déi laang offiziell Lëscht vun eise Journaliste gelies? Et wiren deer 146! An deen Titel as gesetzlech geschützt, well een dee sech «widerrechtlech» Journalist nennt, kann eng Strof vun 2.501 bis 20.000 Franc kréien. Et gët deer déi sech «free-lance» nennen, dat heescht si si fräi, onofhängeg Mataarbechter, sou wéi et d'«Landsknechte» freier och waren. (tageblatt 15.3.90)

Den RTL, eise Radio, huet de 6. Abrëll an enger Annonce e(ng) Journalist(in) fir de Lëtzebuergger Programm gesicht an där Universitätsstudie fir Journalistik verlaangt gin; se missten onbedéngt Lëtzebuergesch, eng gutt Diktioun hun, derbäi nach eppes Schreifmaschin kënnen. Ob se op der Universitéit och Lëtzebuergesch léiere kënnen duerf ee sech froen, mir mengen et wir emol ubruecht, wann se och eppes an der Lëtzebuergger Litteratur a Sprooch a Geographie géife wëssen, well da géif et nët geschéien, wat elo geschitt, datt esou dacks e miserabelt Lëtzebuergesch do verzaapt gët.

Mir hun et schéi fond, datt d'Primizfeiere vun de Paatre *Birsens* an *Hollerich* op Lëtzebuergesch an der Zeitung stongen.

714 Leit léiere Lëtzebuergesch an de Coursen déi d'Actioun Lëtzebuergesch mat dem Unterréchtsminister organiséiert. Dat huet de Minister Marc Fischbach op eng Fro vum Dépëtéierte Jos. Scheuer geäntwert. An d'Lëtzebuergesch Course gin 175 Fransousen, 144 Portugisen, 135 Belscher an dann nach Leit aus 32 anere Länner. — 35 Gemengen organiséiere Course fir jong Portugisen fir hir Mammesprooch, dat heescht portugisesch ze léieren. Sin et dann och esouvill Gemengen, déi Course fir Lëtzebuergesch ze léieren

ubidden? — Am Unterrichtsministère as e Projet am Gaang ausgeschafft ze gi fir Erwuessebildung an och fir de Sproochenzenter fir Erwuesse, deen zënter 1981 op Prouf funktionnéiert. Wéi versteet een et nun, wann am Budget fir 1990 manner virgesin as ewéi 1989? (13 Milliounen 1990, 14,7 Milliounen 1989)

An der Schoul gët no dene neie Bestëmmongen, d'Lëtzebuergesch keen Datzefach, et gët mat dem Koeffizient 1 bewäert; duurch d'Lëtzebuergesch kann deemno kee sëtze bleiwen, dubbléieren heescht dat an der Fachsprooch. Et as dee selwechte Koeffizient ewéi fir Musek, Religioun, Ethik; déi aner Sproochen a Mathematik hun e Koeffizient 4, d'Geschicht a Geographie Koeffizient 2.

D'Europäescht Geriicht huet eng Klo vun enger hollännescher Léierin ofgewisen, déi géint den irléschen Unterrichtsminister geklot huet, well hien si nët als Konschtléierin (Lecturer I Pain-

ting) genannt huet, wéi d'Kléiesch den Examen an der Irescher Sprooch nët bestanen huet. D'Europäescht Geriicht huet hir Klo ofgewisen a festgehalen, datt d'Kënn vum der Landessprooch verlaangt ka gin. (Lux. Wort 30.11.89)

D'Staatsbeamte-Chamber as nët fir d'Walrecht vun den E.G.-Bürger fir d'Beruffs-Chamberen. Et gouf den Affekot Alex Bonn doriwwer och ëm Roots gefrot. Séng Äntwert: déi Wale si mat de Chamberwale ze vergläichen, do dierfen déi och nët mat stëmme goen. (Lux. Wort 18.4.90)

Am tageblatt vum 28.4.90 hu mer eng Notiz fond, no deer e Lëtzebuurger Owend ofgesot gët, dee vun de «Lëtzebuurger Frënn» sollt organiséiert gin. Wien déi Lëtzebuurger Frënn sin, dat weisst een emol gär.

An der satirescher Säit, d'Ländchen, vum Lëtzebuurger Land (16.3.1990) fanne mer en Artikel vum M.K., Titel: Wort-Schrott. Wat dora gesot

D'Leit vum Diddelénger Cours 1989/90, déi dragaange sin, an déi e gehalen hun, mat Gemengeverrieder



gët, as nëmme zevill wouer: vun de meeschte Landsleit, op d'manst vu villen, as ze soen, datt se *effektiv* kaum e gutt Lëtzebuergesch schwätzen. Et géif nët em Purismus goen, mä datt däitsch-geiferft Kauderwelsch blesséiert a pickt een am Ouer. «Was will uns dieser pädagogische Zeigefinger sagen? Nicht mehr, aber auch nicht weniger, als daß die Vokablen *sondern*, *zumindest*, und *effektiv* von den Luxemburger Zeitgenossen *effektiv* so häufig gebraucht werden, daß man *zumindest* bei einem trendaktuellen native speaker *effektiv* *zumindest* in jedem dritten Satz nicht nur drüber stolpert, sondern sich glatt die denkende Birne an derart unbarmherzig reproduzierbarem Wortschrott einrennt!... — ... müssen wir unser Maul nicht endlich so *effektiv* in den Zaum nehmen, daß wir *zumindest* keinen unnötigen linguistischen Schaum *absondern*?»

De 5. Mee 1990 gouf eng Büst vun der Komponistin a Musekprofessech Lou Koster an dem Conservatoire feierlech ageweit. (Fir d'éischt sollt e klengt Monument an de Park oder soss eng aner Plaz kommen.) (cf. No 28)

Fir de Monni aus Amerika heescht en Artikel vum S.N. am «Ländchen» vun dem «Lëtzebuurger Land» (4.5.90 No 18) an deem et em dee fameuse «Kaf e Steen an Amerika» geet.

Wësst Dir wat et egentlech as? Abee: Den 21. Abrëll 1990 gouf en Dokument un de Burgermeeschter, de Mayor, vu Sankt Donatus am Stat Iowa vum Gouverneur iwwerreecht, mat deem d'Duerf (oder sin et nëmme al Haiser) an de Register of Historic Places ageschriwwen as gin. — St. Donatus as en Duerf dat vu Lëtzebuurger Auswanderer an Amerika gegrënnt gouf a wou Haiser stin ewéi mir se hei zu Lëtzebuerg hun, aus Steen. Iir déi Lëtzebuurger Architektur do ze erhale gouf eng Verenegong «Lëtzebuurger Kultur an Amerika» geschaf. An den U.S.A. heescht de Konterpaart «Luxembourg Heritage in America». — Déi Verengong wëlle Sue sammle fir déi verfallen Haiser (aus Steen) erëm an d'Rei ze maachen. Si hun der Kampagn de Motto gin: Kaf e Steen an Amerika. Sou e Stee kascht 1.000 Frang, 5 Steng deemno 5.000 Frang, an déi Zomm vu 5.000 Frang kann ee vun de Steieren ofsetzen, wann ee se iwwer de Kont 1002/0100-3 bei der Spuerkeess fir de kulturelle Fong iwwerweist.

An deer Baueregéigend as wéinst enger laanger Dréchent nët vill gewuess an d'Präisser vun der Fruucht sin derbäi nach gefall an esou sin d'Nokomme vun de Lëtzebuurger Auswanderer vu virun 150 Jor nët ganz gutt drun a kënnen nët e sëlliche bäisteiere fir deer Haiser an d'Rei ze maachen. Do derbäi kënt nach, datt déi USA Steemetzer nët (méi) wëssen ewéi et gemach muss gin, fir ze restauréieren; eis Verenegong wëllt och do mat Rot an Dot virunhëlfen. Dat as jo alles schéin a gutt, datt mir deem «räiche Monni aus Amerika» emol kënnen hëlfen an hinne weise wéi et gemacht gët, mä, mä, wir et nët och emol gutt, fir dat hei Gebaier erhale géife gin, éier se verfall sin. An et denkt een un d'Servais-Haus zu Miersch, wou bis elo 1990 am Mee-Juni, awer och nach kee Streech geschafft as gin, et denkt een un déi al Schëfflänger Bestgen-Millen (tageblatt Abrëll 1990), un d'National-Bibliothéik, déi bei wäitem ze kleng as, an un... Dofir kaaft e Stee fir d'Servais-Haus zu Miersch, kaaft e Stee fir déi al Millen zu Schëfflänger, kaaft e Steen fir eng nei National-Bibliothéik, kaaft e Steen fir d'Haus vun der Natur op der Kockelscheier, kaaft e Steen fir...

An, wéi et am Artikel vum «Ländchen» gefrot gët: «e Steen fir Lëtzebuurger Dierfer an Argentinien, Ingenieurswunnéngen a China, Haiser a Siwebiirgen, Missiounsheipen an Afrika...» A vläicht nach ee fir en «zeitgenössische Museum» zu Lëtzebuerg...

Oder passt dat nët an eise «Konzept» (Télécran no 16, wou Rieds as vum Konzept, dat mer fir alles hun)?

«A Possen» zu Bech-Maacher sin dëst Jor, ewéi et all Jor bis elo wor, e sëlliche Lëtzebuurger Owender um Programm. Frot Iech de ganze Programm bei de «Frënn vum Possenhaus» zu Bech-Maacher, L-5404 Bech-Maacher. Dir kënt och do Mëmbler gi fir 250 Frang, Postscheck 36680-14.

De W.(ill) R.(euland) mengt an engem Artikel an der Warte vum Lux. Wort, de 15.3.90, wou et em déi «Rubbelkaarte» geet, ob een nët dofir kënt Krazkaarten, Krazlous oder Krazbilljee soen? Fir wat dann nët?

Nei Wieder schafen? — op hollännesch as Plankzeilen — Surfen. War mir géife virschloebrietssegler, Brietschwammer ze soen, wat mengt der wat dat da géif!

An der GALERIE (7) (1989) No 4 hu mer op lëtzebuergesch deen 20. an 21. Bäitrag vun der Rose Nennig vun «Laanscht de Wee», dës Kéier: d'Kläckelchesblumm an d'Éidelsen (Eidechs heescht dat méi modern!), dann d'Riede vum Cornel Meder an Nic. Eickmann, déi gehale si gin, wéi de fréiere Kulturminister Robert Krieps de «Mérite Culturel 1989 vum Centre Culturel Differdange» iwwerrecht kritt huet. — Aus der Nummer (7) 3/1989 sollen an deem Zesammenhank ernimmt gin d'Chronik op lëtzebuergesch vun der Famill Jaminet vum Armand Logelin, dann déi interessant Beiträg vum A. Atten vun «Deux lettres de l'élève Dicks à son frère Léon (1839/1840)», da vum Guy May «François Gangler s'adresse au Roi-Grand-Duc», Bréiwen, un de Wëllem den II., ee fir méi Pai (7.4.1841) ze kréien. Dann, an deem Bréif vum 15. Juni 1848 geet et em de «Lexicon», deen en 1847 crausgin huet an dee sech durch déi Onrouen, déi elo wíren, ganz schlecht verkaaft hätten, d'Buch awer en «éloge flatteur» vun der «Société pour la recherche et la conservation des monuments historiques du Grand-Duché» kritt hätt. — Hie mengt et wir dach nüt an der Rei, datt hie jorelaang un deem Lexicon geschafft hätt, d'Käschten do wíren, datt en eng Lacune an der Lingustik geféllt hätt, an hien doduurch ze soe ruinéiere géif, zemol wou et dat éischt Wierk vun deem Genre fir Lëtzebuerg wir. Hie mengt de Kinnek wir dach nüt esou, datt e kee Versteesdemes fir séng Situatioun hätt an hëlt un, datt en eng Ennerstëtzung géif kréien. — Um Enn vum Bréif heescht et:

«De tal is als de Vlag der onderscheiden Volken: Wie geene tal bezit, bezit geen vaterland.»

«Mit der Mundart zieht man dem Volksstamme die Eigenthümlichkeit aus. Mit der Sprache geht der Charakter verloren.»

De J.F. Gangler krut dann du 300 Frang vum Kinnek zougesot, dat, no engem Avis vum Gouverneur de la Fontaine, deen de Wäert vum Buch ganz apaart ervirgehuewen hat. — De Würth-Paquet schreift un de Kinnek, datt dat duebel ze pass komm wir, well op deer enger Sait d'Wessenschaft encouragéiert wir gin, an e Familie-

papp aus enger mässlecher Situatioun erauskomm wir.

Am Lëtzebuergesche gët sech nüt absëns vill entzonnen iwwer ortografesch Feler, trotz der offizieller Schreifweis. Lit as nüt grad esou, wann et em «gutt» oder «schlecht» lëtzebuergesch geet, dat alt méi Leit hafteg mécht. Seet een eppes, dann as ee bei denen engen e «Purist», seet een näscht, dann heescht et, *dir* vun der Actioun Lëtzebuergesch misst iech dach dogéint wíeren an eppes maachen. An deem Sënn as ee frou, wa vun aner Sait dozou eppes verlaude gelooss gët. Sou e Mëttwoch, den 23. Mee 1990 am Lux. Wort, wou den «Heng» an der «gazettchen» freet: «As de Bësch nüt geschloe genuch?».

«...Mer schwätze vu Wandfall a menge Broch. An de Wand huet, wéi e gejet huet, d'Beem wéi Fixspéin oder wéi diirt Gras gebrach. En hält se geworf, héiert een. Et freet ee sech wouhin. En huet se aus de Wuurzele gerappt. — A wéivill erzielen de Bam wir geschloe gin? Oder emgeschloen. Dobai gët en zu Lëtzebuerg gehaen. — Déi Deg sot een an enger öffentlecher Sitzung... de Bësch wir ageschloe gin...»

As dat nüt eng frëndlech Lektioen, besser kann een sech dach nüt, a méi gelënd och nüt, ausdrécken fir eiser «Sproochschoul UKW, 92,5» oder soss enger «héier» Instanz bäizebréngen, wéi d'Lëtzebuergesch verhonzt gët.

Mä well mer derbäi sin. Dee selwechten «Heng» kënnt dann an der «gazettchen» vum 13. Juni 1990 (Lux. Wort) mat enger Iwwerschréft, déi engem nüt grad gefällt. Oder mengt dir et wir richtig a gutt, wann do steet: «Och Steng klappe *wëll* geléiert gin». No eiser «onmoossgieflecher» Menung géif dach do *wëllt* misse stoen. Nun dat héiert een och esou, an zimlech dacks vun engem oder deem anere Redakter an eiser «Sproochschoul UKW» Mengt een dann do nüt dat Héidäitscht ze héieren an der Iwwersetzung: Steine klopfen will gelernt sein? — Wa mer doriwwer am Robert *Bruch* sénger Grammatik siche gin, da fanne mer: «Im Gemeinluxemburgischen heisst es zwar «ech wëll», aber *regelmäßig* «hie wëllt»; längs der Ortsgrenze hört man auch *bee wëll* (ohne Endung). «Ech wëll, ob s de wëlls oder nüt; hie wëllt och». «Wéi et schéngt, hätt deemno dat «wëll» amplatz «wëllt» an deer leschter Zäit sech ausgbreet oder as dat nüt vill éischter op den Afloss vum Däitschen hier unzehuelen. Eent as sécher, Lëtzebuergesch as et nüt.

Grad esou Lëtzebuergesch as et nët, wa mer am «tageblatt» vum 18.6.90 liesen: De Staatsminister zum Nationalfeierdag, wou mir dach soen fir den...Do wir et gutt, wann de Josy Braun emol a senger Redaktioun géif Korrekter spillen, well am Leitartikel vum 22.6.1990, freides virum Nationalfeierdag schreift en:

«Wa mer wüürklech eppes fir eis «Identitéit» maache wëllen, da solle mer vläicht um Gebitt vun eiser Sprooch ufänken, well d'Sprooch as den onbestiechlechen Zeie vun enger Identitéit. A wann eis Sprooch lues mä sécher bei der Däiwel geet a bei de Kanner well zu engem (erlaabt mer den Ausdruck) «Fernseh-peit-nègre» gët, dann as dat nët d'Schold vun dene Friemen, déi bei eis wunnen, mä eis egen: Well mer d'Sprooch selwer vernoléisegen, versfriemen, verhonzen an als Steifkand betruechten; vu Schoul op nët eescht huelen an als «Intellektueller» eis hirer seguer schummen! 'T geet een am Ausland wäit sichen, fir esou eng domm an arrogant Mentalitéit eng zwete Kéier ze fannen.»

Déi Wieder kann een nëmmen ënnersträchen, bravo josy braun!

D'Lëtzebuergesch huet och s'ng Plaz an Zäitschrëfte fond, wou een et nët esou liicht ugeholl hätt, dat nët nëmmen am Titel, sou an der Zäitschrëft vun der Lëtzebuurger Juegdfederatioun, déi «Iëscher a Jëer» heescht an an dene leschten Nummeren eng Parti Artikelen op lëtzebuergesch huet. Hei gët bewisen, datt et och op lëtzebuergesch geet, wann et mat Juegd a Fëscherei ze din huet.

Hei soll och emol eng Kéier ernimmt gin, datt dat och esou as mat dem «Garten und Heim», dee vun nom Krich un «Gaart an Heem» bei de Leit heescht an hir Zäitschrëft, déi vun dësem Jor un an engem neie Kleed erschénigt, och esou heescht an zënter méi wéi 20 Jor e «Lëtzebuurger Eck» huet. Dës Rubrik gouf all déi Zäit vum Heng Rinnen geschriwwen an as vun zjor u vum Téid Pfeffer iwweholl gin, den Heng alt emol nach säi Pfefferkärche bäileet.

Virum 1300 Jor as den hellege Willibrord mat elef Paatre vun Irland aus an d'Belscht, Holland a Lëtzebuerg komm fir s'ng Missiounsaarbecht unzefänken. 695 wor en Erzbëschof vun Utrecht a vu 704 huet en zu Iechternach gelieft, wou e 739 gestuerwen as. Aus deer Ursach huet de

Vatikan 3 Timbren de 5. Juni 1990 erausgin op dene Fënstre vun der Basilika vun Iechternach sin. (Lux. Wort 9.6.1990)

Et freet ee sech, ob hien deemools och Lëtzebuergesch konnt, oder a wat fir enger Sprooch du gepriedegt huet.

Den 10. Juni 1990 gouf zu Präteler (Braidweiler) no der Houmass eng Plack un d'Gebuertshaus vum Abbé Jean-Pierre Schmit, Komponist, opgehaangen. *21.9.1904, †21.10.1985 Lëtzebuerg. — An der Mass si Kompositiounen an Arrangementen vum Verstuerwenen opgefëiert gin. — (Méi iwwe de J.P. Schmit a «Lëtzebuurger Komponisten — 125 Stadmusek. 1988. S.89 vum L. Blasen.)

Den 22. Abrëll 1990 as an der neier Kiirch vun Dabrowica a Polen eng Plack opgehaangen a mat der Kiirch ageweit gin, déi un déi 51 Lëtzebuurger Prisonnéier am SS-Lager Birkenhof bei Lublin a Polen erënnert. Nieft dem Ambassadeur Würth wore vun dene 14 Gefaangenen d'2 do, de Vic. Abens vu Veianen an den Eduar Scholl vu Lëtzebuerg, begleet vum André Hohengarten. (Lux. Wort 8.6.90)

Eng Ausstellung iwwe den Emmanuel Servais, déi de 15.6.1990 opgong, eng Konferenz vum Chrét. Clement zu Miersch, méindes owes den 18.6.90 hun un deen dichtege Staatsmann, erënnert, dee virum 100 Joër, de 17.6.1890 zu Bad Nauheim gestuerwen as; gebuer zu Miersch den 11.4.1811. — Samschdes de 16.6.1990 gouf eng Plack un d'Haus ugemacht an deem hien zäitliewes an der Stad gewunnt huet, d'Servais-Haus wéi et genannt gët, an deem elo de Finanzministère dran as. — Eng Autobiographie (Nodrock) as vun der Fondatioun E. Servais publizéiert gin. Präis 600 Frang.

De Poesietéléfon kritt nei «Impulser». Op enger Presskonferenz gouf vun de Leit vum «Spektrum 87» deen neie Programm duergeluet. An denen zwee Jor, zënter deem deen Téléfon besteet, sin 100 Autore virgestallt gin, an der Woch gët duurchewech 120 bis 200 mol ugeruff, eng Kéier wor et 250 mol. Tél.49 26 97. (tageblatt)

Theaternotizen

«De Kichekueder» as vum Pierre Wennig a Fritz Weimerskirch, nom Däitschen: Der Bräutigam meiner Frau vum Otto Schwarz a Georg Lengenbach, an d'Lëtzebuergesch iwwersat gin. «De bloen Hary» as vum E. Boeres nom Otto Schwarz a Georg Lengenbach hirem däitsche Stéck: Der blaue Heinrich, iwwersat gin. (cf. Eis Sprooch Nr.25 Marc Herman: Theaterkatalog)

Theater am CAPEL, Centre d'Animation Pédagogique et de Loisirs. Grupp «Agora» huet den 13., 14., 15.2.90 gespilt: «Schnarchen Steine nachts».

Fir Theater mat Kanner war e Fortbildungsprogramm vun der Entente des Foyers du Jour.

Fir d'éischt hun déi Uewerkäerjhénger Fussballisten an d'Musikanten et reskéiert zesummen Theater ze spillen. A se hate vill Succès mam Josy Theato séngem Stéck: Gebees as Tromp.

De Betebuenger Theaterveräin as virun 3 Joër gegrënnt gin (1987).

Viru 5 Jor as de Kannertheaterclub «De Kukuck» zu Nidderaanwe gegrënnt gin.

Den Theaterveräin SZEN vu Lëntge besteet 10 Jor. «Als Veräin hu mer d'Haaptzil d'Traditioun vum Duerftheater um Liewen z'erhalen a jidderengem, deem et Spaass mécht Theater zu spillen dat z'erméiglechen a virun allem eisem Publikum mat eise Stécker e puer schéi Stonnen ze bidden...» sou am Wort de 14.3.1990. De Programm fir den zéngten Anniversaire wor: samschdes a sonndes de 17. an 18.3.90, en Theaterowend mat engem Stéck, dat de Georges Neuen aus dem Däitsche fräi iwwersat huet: Wat

Zoustänn; da samschdes den 12.5.90 Kannertheater mat Kanner aus der Gemeng Lëntgen; samschdes den 28.7.90 gët dem Dicks säi Stéck «Kiirmesgäsch» gespilt; den 19. September 90 as et um JB séngem Kabaret, an den 12.11.90 spillt d'Militärmusek e Krëschtconcert.

Zu Wormer as den Theaterclub och 10 Jor al gin. An der Broschür fir hir Theaterowender hun se hir Theaterstécker opgezielt, déi se bis elo gespilt hun, wou se dann och dëst an dat vun an iwwer den Theater eppes ze soe wëssen.

Den Theaterveräin Fëschbesch-Schous-Angelsbiërg huet séng 25 Jor gefeiert; President as de Guy Kohnen, virdru woren et de Roland Miny, John Daems a Misch Daems. (Lux. Wort 7.12.89)

Zu Miesdrëf gouf am Oktober 1945 en Theaterveräin gegrënnt, dee bis 1958 réegelméisseg Theater gespilt huet. Eréischt 1963 huet e séng Aktivitäten erëm opgeholl an zënter 1970 nennt e sech «Theaterveräin Pëtten». De 7. an 13.1.90 hun se an der Hal Ierbecht zu Bieréng «Den Hunn am Kuerf» vum Jos. Conrath gespilt.

Fir déi 150 Jorfeier op e gutt Enn ze bréngen huet d'Gemeng Veianen d'Leit op en Theaterowend agelueden, wou an der Buërg ënner dem Numm «Carmina Orania» e Stéck gespilt gouf, dat de Pierre Bassing a Jean Milmeister, Veiner Historiker, d'Texter aus der Veiner Geschicht geschriwwen hun. Et woren 9 Zenen aus der Veiner Geschicht (Grofschaaft a Kantong), wou e.a. de Victor Hugo, den Dicks zu Veinen optrieden, an och eng Zeen as, wou de Prof. René Engelmann mam Nik Welter iwwer d'Schreifweis fir Lëtzebuergesch diskutéieren. D'Schlusszeen as vum Jhemp Theis an Nico Walisch an deer

d'Kanner d'Veiner Geschicht schreiwen. (Lux. Wort 20.11.89).

«De Wöllef aus dem Bësch» vum Alain Atten as en Nuetzspill aus dem Joër 1443, wou et ëm d'Herzesch Lisbett als Pandherzesch an d'Burgunnesch Herrschaft a mat deem Widerstand vun de Schlasshäre geet... D'Première wor op der Buurg Buurglënster. (Tageblatt 18. an 23.11.89). — ...en historiescht Drama an engem Akt as eng qualitativ absolutt éischtklasseg Produktioun (tageblatt 29.11.89) — Text an der «Galerie» no 1/90.

Am Kader vun den 150 Jorfeieren woren zu Betebuerg Kannertheatervirstellungen, wou d'Stéck «Prinzessche Rousemëndchen» fir d'ganz Gemeng gespilt as gin. Et as e Mäerchestéck a 4 Akten, dat S.K.H. deem deemolege Krounprënz Jean vu Lëtzebuerg a grousser Verëierong vun der Autorin Melanie Georges zouerkant gin as. Organiséiert gouf et vun der Eltereverenegong aus der Gemeng an de Betebuurger Theaterfrënn.

Nawell zimlech dacks gët den Erléis vun Theaterowender gudde Wierker zoukomme gelooss, sou e.a. de «Belairer Schoultheater», déi de polnesche Kanner hire gin hun.

Déi Ettelbrécker Grupp «D'Jongen aus der Gare» hun déi 750.000 Frang, déi se geléist hun sozialen Institutioone gin.

De Gesank vu Krëschtnech spillt zënter en etlech Jor eng Theater-Revue. D'lescht Jor hu se siwemol misse spillen an dat, wat se mat der Tombola erakréien, dat gin se fir e gutt Wierk. Dëst Jor kruten d'«Médecins sans frontières», d'«Ligue Lux. pour la Sclérose en plaques» an de «Syndicat Intercommunal pour le maintien à domicile» jiddereen 30.000 Frang. En nobele Geste. (Lux. Wort 28.5.90)

D'UGDA wëllt déi jong Leit fir Musek, Gesank, Folklor an Theater «sensibiliséieren». Bei de Musécken, do geet et alt nach engegermoossen, mä bei de Gesangveräiner as et schappeg, apaart d'Jongen hätten nët vill Intressen derfir — mir

haten ewell Rieds dovun an «Eis Sprooch» No 28, S.39, och vun deem Männerkouer, dee geschafe sollt gin a vun deem ee bis haut näischt héieren huet. Bei de Folklorgruppe wiren et och d'Medercher, déi méi Intressen drun hätten ewéi d'Jongen. Iwwer den Theater sot den Alain Atten, datt et wuel bal an all Duerf eng Theatergrupp géif gin, mä well déi al Spiller dene jongen nët gär Plaz maachen, wir et och do nët liicht fir Nowuess ze kréien. Et géif leider och nëmmen zwou Kannertheatergruppen am Land, Texter fir Kannertheater wiren och rar. (tageblatt 30.5.1990)

D'Ettelbrécker «Lëscheg Nordbühn» as 1981 gegrennt gin. Op hirer Generalversammlung hun si dem President vu «Médecins sans frontières», dem Dr. André Weis e Scheck vun 20.000 Frang gin.

President as den Dr. Jean-Claude Leners; Vize-president: Charel Muller; Sekretär: Jos. Wagner; Caissier: Adrienne Gastoni; Membren: Jean Clerf, Emile Collin, Gast. Scholler.

De Cabaret «Sténkdéier» huet säin neie Programm de 17.2.90 an der Theaterstuf beim Fern. Fox presentéiert.

De Cabaret Jemp Schuster (Schuko) hat e schéine Succès ueter d'Land mat de «Schnësstécker, déi méi wéi 40 mol opgefëiert si gin (Lux. Wort 2.2.90). Première wor den 3.10.89 am «Dierfgen» an der Stad.

De Cabaret JB an d'Millermoaler haten hir Première de 4.6.89 beim Jempi Sonntag (D'Mëllusina vum Null Bock) an der Stad.

D'Theateréquipe vun dem Cäcilie-Gesank, Stroossen, spillt ewell 25 Jor; dat éischt Stéck hu se 1952 gespilt, et wor «De Pistouclub» vum J. Sevenig. Du koum eng Paus vun 10 Jor an 1962 gouf dat Stéck nach eng Kéier gespilt, a vun 1965 un si se elo all Jor um Dill. (Lux. Wort 19.1.90).

Zu Ischpelt, haut liese mer dacks dofir Tar-champs, gët zënter 1976 Theater gespilt; et as d'Jugend mat de «Bieseemsbänner», déi dat an dene Jore fäerdig kritt huet.

An engem Bréif un d'Lux. Wort vum 24.2.90 freet d'Madame Marie-Josée Chaussy wou déi léif Theaterhuesen aus der schéiner aler Zäit wiren, déi an de Joren 1942 bis 1950 op den Theater-Bühne gestanen hun. Et geet em d'Theaterstécker déi de P. Chaussy geschriwwen huet. — Et gi Rollebicher, Ausschnëtter aus Zeitungen, Broschüre, Fotoë, Reklamme gesicht.

D'Stécker sin:

D'Rousen aus Hawai, Text P. Chaussy, Musek J.P. Kemmer;

D'Kiische bléien, Text P. Chaussy, Musek J.P. Kemmer;

D'Rousi vun der Sauermillen, Text P. Chaussy, Musek J.P. Kemmer;

De Koséng aus Amerika, Text Metti Dahm;

Wann d'Kréschtklacke lauden, Text P. Chaussy;

Wien do ka virun hëllefen soll un d'Marie-Josée Chaussy, 2a Hauptstrooss (rue Principale) Menter schreiw. Tél. 77395.

Un den Theriente, mam bürgerlechen Numm *Jempi Welter*; hun de Stengeforter Syndicat d'Initiative an den Theaterveräin «Rido 85» (et as och dat Jor [1985] wéi deen Theaterveräin gegrënnt gouf) erënnert. 1985 haten déi Veräiner an d'Musek dunn en Erënnerrongswend fir de Satiriker Jempi Welter organiséiert. Fen zweeten Owend wor elo de 27. Januar an den 3. a 17. Februar 90 gewiescht, wou séng Revue «T as nët erlaabt» vun 1936, déi deemools 17. Mol gespilt wor gin, am Kulturzentrum «Al Schmelz» erëm opgefëiert.

De Jempi Welter, säi Papp wor Schoulmeeschter, as zu Lernster, den 2.6.1902 gebuer, koom 1903 op Stengefort, well säi Papp sech dohi versetze gelooss huet, an as 1945 no engem Akzident mat amerikaneschen Zaldoten zu Réide verongléckt, doduerch de 14.3.1945 zu Lëtzebuerg gestuerwen, an op Stengefort an d'Familjegrav begruewe gin.

Hie wor Co-Editor vum «Guckuck», deer satirescher Wochenzeitung a vun der illustréierter «Revue», dann och Korrespondent vun der Lëtzebuurger Zeitung, dem Lux. Volksblatt an dem Escher Tageblatt. Dernieft huet en an den drësseg Jore 5 Revue geschriwwen, déi ëmmer e schéine Succès haten. Séng lescht Revü gouf den 9. Mee 1940 opgefëiert, eng eenzeg Keier, well deen Dag drop eng aner batter Revü ugaangen as,

déi méi wéi 4 Jor gedauert huet an nët fir ze laache wor. De Fernand Hoffmann schreift a sénger Mundartdichtung, dat de Jempi Welter eiser beschter Revü geschriwwen hätt. — Zum Pseudonym wir ze soen, dat do e Meedchen d'Ursach wor, dat Henriette geheescht huet a mat engem versaten «n» den Theriente entstanen as, (t He(n)rie(n)te). Séng Revü sin:

1933 «Yo Yo», Musek F. Boeres, am Stater Theater gespilt;

1936 «t as nët erlaabt», am Hôtel de la Poste, an der Aler Avenue, gespilt vun dem Foussballclub Union;

1937 «t as eppes dran», och vun der Union gespilt;

1937 «t as allerhand», vun der Union am Hôtel Alfa gespilt;

1940 «As dat nach dran?», den 9. Mee 1940 gespilt.

Lidder, déi e getext huet sin:

D'Lidd vum Sweepstake (sou huet eng Lotterie geheescht aus deer Zäit (1934)

De Stoussnéckel (1934)

Den décken Heng (1934)

Un der Atert (1944)

(no: tageblatt vum 23.1.90; Républiquein Lorrain vum 21.1.90; Jean Milmeister: Lëtzebuurger Literatur Lexikon an «Ecole et Vie», 1987 ff.)

An der Theatertrupp «De Maulkuerf» vun Déiferdang as Präsidentin: Christiane Everling; Sekretärin: Jeanny Stiefer; Caissier: Aly Matzet.

Bei der «Liewensfrou» vun Esch-Uelzecht as den Albert Federspiel Präsident; Sekretär de Pierre Schreiner; Caissier d'Tessy Boettel. — Hiirt Stéck «Larifari» as nët ze gutt ukomm, wéi et an hirer Generalversammlung geheescht huet, par konter hat d'«Duerfgespréich» vum Jemp Schuster e gutt Ouer fond. — De Moment hu se 35 Aktiver, mä kee Prouwesall. — De Jhemp Hoscheit schreift hinnen e Stéck fir déi nei Saison.

D'Theatergrupp LHCE (Lycée Hubert Clement Esch) as och am Ausland gutt ugesin, se gi vill

vun do gefrot — Den Haaptgrupp, sin Elève vu 5iëme bis 2iëme, huet den «Turandot oder die Eroberung» gespielt; d'Unzäckerten aus zwou Klassen hun den 13. Mee 90 eng Fassung fir Kanner no deem selwechte Stéck «Prinzessin Turandot» gespielt mat där se vum 30.3. bis 2.4.90 zu Bréssel um «Festival Bruxelles Babel 2000» opgetratt sin. Vum 13. bis 21. Abrëll wore se mat dem Stéck op deem éischte Welt-Kannertheater-Festival zu Lingen an Däitschland; vum 2. bis 5. Mee si se mam «Turandot und die Eroberung» zu Brixen (Südtirol) gewiescht. Si sin nach fir op Saarbrécken an eventuell op Nanzeg invitéiert. (tageblatt 17.3.90)

Kanner-Theater, Kanner-Cabaret gët et zënter 7 Jor op der Schanz, fir Leit, déi dat Duerf nët ënner deem Numm kenne sief gesot, datt et Altréier as. Hire Schoulmeeschter, den Här Norbert Schmit, huet dofir all Jor en neit Märchestéck vum Grimm an d'Lëtzebuergesch iwwersat, déi dann och ëmmer mat Succès gespielt si gin. Et sin: D'Schneewittchen (1984); D'Dornröschen (1985); D'Wichelcher beim Schouster (1986); De Kinnek Geessebäertchen (Drosselbart) (1987); Den Dëschelchen deck dech (1988); De Rumpelstilzchen (1989);

D'Äschepuddel (1990). — Wann nun Intresse fir déi Märchestécker éierewou am Land sollt sin, a fir wat dat nët, da kann ee sech se beim Norbert Schmit, Schoulmeeschter, 17b Amberwee, L-6162 Buerglënster froen.

De Cabaret schreiwen a spillen d'Kanner selwer.

D'Opféierung «En Apel fir den Dauscht» vum Norbert Weber am neien Theater huet nët iwverzeegt, wéi de Jos. Braun am tageblatt de 27.10.89 schreift. — Et as massakréiert gin, sot en Theater(fach)mann.

D'Fads, en Theaterclub vum Lycée Technique, Esch-Uelzecht, huet zënter 3 Jor opgehal mat Spillen, well se, wéi dat esou bei Schülertheater as, hirer Akteure verluer hun, déi aus der Schoul komm sin. Et huet sech awer elo en neien Ensembl virgestallt, dee sech «Kulturkëscht», ofgekiirzt KUK, gedeeft huet. Wann awer dräi Jor laang dach an der Schoul nach gespielt gouf, dann huet deen neie Club et riskéiert fir sech de Leit mat zwee Stécker ze weisen (de 25.4.90), déi aus dem Däitschen iwwersat si gi vum Sonja

D'Acteure vum Theater a Kanner-Cabaret 1990 vun der Schanz.



Majerus, Stécker an denen et ëm Jonktemsproblemer geet: «D'Sandra flippt aus» an «Sei schön lieb und pass dich an». Fir d'Musek derzou huet e Rockensymbol vum Lycée Technique gesuergt. — Et huet de Leit gutt gefall.

